



vu Gewaltverbrechen oder Créancier vu Pensions alimentaires, op deene Scholde sëtze bleift, déi net duerch d'Liquidatioun konnte getilgt ginn.

De Subsidiaritätsprinzip, deem d'Faillite civile ënnerlääit, bedéngt, datt den Iwwerverschëllete fir d'Éischt iwwer aussergerichtlech Schlichtungsprozedur an iwwert déi gerichtlech Prozedur virum Friddensrichter muss fueren, ier hie vun der Faillite civile ka profitéieren. Domadder ass assuréiert, datt den Débiteur, dee während der ganzer Prozedur encadréiert ass, all Effort gemaach huet, fir aus senger Iwwerverscheldung erauszekommen, wouvun d'Faillite civile eng lescht Etapp ass. An de Subsidiaritätsprinzip ass domat sougutt am Interêt vum Débiteur wéi och vun dem Créancier.

Den zweeten Deel ass de Répertoire, an och deen huet de Jean-Paul Schaaf am Detail erkläert, soudatt ech mer dat och nach eng Kéier wëll erspuren.

Allerdéngs si mer hei an enger Situatioun, wou déi zwee lescht Riedner vlächten deen een e bës-selchen de Contraire vun deem anere gesot huet. Wann ech richtig verstane hunn, mécht den Här Engel sech Suergen doriwwer, datt e seet: Ginn net do Leit an dee Répertoire kucken, déi eigentlech näischt doranner ze sichen hunn? An d'Madame Lorsché huet am Fong gefrot, fir ze soen: Muss et net eng Scholdendatebank ginn? Well och dat ass dann erëm eppes, wou jo dann ee sech muss virstellen: Wie kann doranner kucke goen an zu wat féiert dat? Ech sinn och éischter zréckhalend.

An ech sinn och frou, datt mer de Wee fonnt hunn iwwert de Répertoire, well soss hätte mer et missen an d'Zeitung setzen, well iergendwou muss ee jo awer och deenen déi Linne ginn, soen, oder deenen, déi wëlle Suen erëmkreien, déi musse jo gesot kreien, do ass iergendee Problem, deen do besteet. Dofir wor dat hei, mengen ech, nach deen eenzege Wee, dee mer fonnt hunn, fir dat op eng eenegermoosse gutt Aart a Weis hinzekreien. Wéi dat an der Praxis ausgesäit, dat muss sech erginn.

Dat, wat ech mengen, wat mer net kéinte maachen, datt wier, fir de Répertoire iwwer Règlement grand-ducal anescht ersuerichten, wéi et elo am Gesetz virgesinn ass, well dann hu mer keng Base légale do derfir. Mä ech mengen, och dat muss ee kucken, wéi dat sech auswierkt, a wann et dann néideg ass, datt een dann erëm eng Kéier och frësch en neit Gesetz oder nei Amendementen derzou mécht. Mä de Moment gesinn ech net, wéi een dat aneschters kéint maache wéi dat, wat mer bis elo doranner virgesinn hunn.

Fir mech ass ee ganz wichtige Punkt dee vun dem Encadrement vum Débiteur während der Prozedur. Den Débiteur ass während dem gesamten Oflaf vun der Prozedur..., an deenen dräi Phase gëtt dee vun dem Service de surendettement encadréiert. D'Gestion financière an den Accompagnement social hëllefen dem Client, sech un déi Engagementer, déi hien am Kader vun de Pläng agaangen ass, ze halen.

Den Accompagnement social an den Encadrement duerch de Service de surendettement erméiglechen och engem Débiteur, deen niewent dem Émgang mat senger finanzieller Ressourcen och nach e psychologeschen Appui oder aner sozial Hëllef brauch, esou eng Hëllef ze kreien oder vum Service bei deem zoustännege Service oder Organismus mat deem a Verbindung gesat gëtt.

De Verlaf vun där ganzer Prozedur ass iwwer-deems geprägt duerch déi sougenannt Vorverhandlungsperioden, engem Konzept, deen aus der däitscher Législatioun iwwerholl gouf. Den Débiteur verflücht sech, mat de Services zusemmen-zeschaffen, fir aus senger Iwwerverscheldung erauszekommen.

Den Débiteur gëtt domat zum Acteur, dee sech no Méiglechkeeten no enger Aarbecht kann ëmsinn, dee seng kleng Dépense progressiv erofsetzt, dee léiert, besser mat senger Ressourcen a mat sengem Budget ëmzegoen, dee seng Engagementer vis-à-vis vu senger Créancier anhält, an doduerch gëtt d'Prozedur ze enger Garantie fir de Créancier. Och an deene Fäll, wou de Créancier net méi alles zréckkritt, ass hien awer sécher, datt den Débiteur sech un dat hält, wat am Plang ofgemaach gouf.

Doduerch, datt den Débiteur léiert, mat sengen eegene Ressourcen eens ze ginn, ass hien och besser virbereet fir e Liewen no der Iwwerverscheldung. An deenen Appui ass e wichtegt Element vun der Preventioun an der Lutte géint d'Iwwerverscheldung, woumat erëm soll ver-hënnert ginn, datt d'Leit an eng nächst Iwwerverscheldung falen.

D'Preventioun ass eigentlech vun alle Riedner hei ugeschwat ginn. D'Preventioun géint d'Iwwerverscheldung fënn op verschiddenen Niveaue statt. Déi primär Preventioun géint Iwwerverscheldung fënn statt, ier d'Leit e Kon-trakt ënnerschreien an ier et iwwerhaupt zu enger Verscheldung oder Iwwerverscheldung kënn.

Et ass och méi dacks hei ewell op d'Afféierung vun dem Code de consommation higewise ginn, eng Ëmsetzung vun EU-Direktiven, déi Akzenter setzt, déi dem Prêteur eng ganz Rei vun Obligationen operleet, fir de Client besser iwwer seng Finanzprodukter ze informéieren a sech iwwert d'Solvabilitéit vum Client ze informéieren. Ech wëll och hei ervirhiewen, datt d'Servicer vun der Ligue an der Inter-Actions, déi d'Preventioun an hire Missiounen stoen hunn, regelméisseg aktiv ginn, wann et ëm de Volet Informatioun a Preventioun geet.

An ech erënnere dobäi un ee Beispill vun der Preventiounscampagne „consommer responsable“, déi am September dëst Joer gelaf ass a wou et drëm gaang ass, Kanner am Alter tëschent néng an zwielef Joer op eng spilleresch Aart a Weis ze sensibiliséieren, wat ee Budget ass a wat den Ënnerschied ass tëschent deem, wat ee gären hätt, an deem, wat ee brauch. Duerch esou Aktiounen ginn d'Kanner als déi zukünftige Konsumenten op de richtigen Émgang mat Sue virbereet.

Dir Dammen an Dir Hären, et sinn och eng Partie vun anere Changementer gemaach ginn an dem Gesetz, wat mer virauer haten. Ech wëll net méi op déi alleguerten agoen, datt huet de Rapporteur am Detail gemaach. Ech wëll just nach soen, datt d'Preventioun, jo, ze kuerz kënn. D'Scholdendatebank, doriwwer hat ech eppes gesot.

Mir haten eng laang Diskussioun, méi wéi eng laang Diskussioun, Madame Lorsché, an der Chamber iwwert de Rapport no fënnel Joer. Et ass net zréckbehale ginn, datt mer no fënnel Joer... mir hu keng Majoritéit fonnt, fir no fënnel Joer e Bilan ze maachen. Ech denken, datt an deene järeleche Rapporte vum Familljeministère ëmmer op déi dote Saachen opmierksam gemaach gëtt, an datt, wann ee wierkech gesäit, datt dat eent oder dat anert net gutt funktionéiert, een och keng fënnel Joer brauch ze waarden, bis een e Rapport virleien huet, fir da kënnen aktiv ze ginn.

Den Här Colombero hat gefrot mat de Sans domicile fixe. Mir sinn amgaang, mat deene verschidene Partner dorunner ze schaffen, an ech denken, datt mer uganks des Joers dee Rapport wäerte fäerdeg hunn, mat deene verschidene Aktivitéiten dran, also deene verschidene Projeten dodran, an datt mer dann nach eng Kéier kënnen hei dorobber zréckkommen.

Ech si ganz frou, datt hei eng ganz Partie vun de Virriedner - a besonnesch och de Georges Engel, an ech hat mer dat och opgeschriwwen - drop opmierksam gemaach hunn, datt 2000, beim Gesetz vun 2000, de Marc Zanussi eng Proposition de loi deemools gemaach hat fir justement d'Faillite personnelle. Deemools hate mir och an eise Gesetz dat, an eise Projet initial, dat war virgesinn, mir haten awer keng Majoritéit dofir fonnt. Dofir gesitt Der, datt een heiansdo an der Politik laangen Otem muss hunn, bis een eppes, wou een ewell virauer iwwerzeegt war, kann duerchsetzen.

Merci villmools!

► **M. le Président.**- Merci der Madame Familljeministesch.

Domadder wiere mer um Enn vun der Diskussioun a mir kéimen elo un d'Ofstëmmen vum Projet de loi. Fir d'Éischt stëmme mer of iwwert den Amendement N°1 vun der Madame Josée Lorsché iwwert d'Afféieren am Titel 6 vun engem Artikel 55.

Vote sur l'amendement 1

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

Den Amendement 1 ass verworf mat 37 Neen-géint 21 Jo-Stëmmen. Den Titel 6 bleift also ën-nert der Form bäibehalen, wéi d'Kommissioun e virgeschloen huet.

Ont voté oui: M. Raymond Weydert;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Carlo Wagner), MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Ont voté non: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Lucien Clement), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix

Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessa Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Die-derich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schrei-ner.

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6021 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Et fänkt nach net un. Elo fänkt et un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëm-men. De Vote par procuration. De Vote ass of-geschloss.

De Projet de loi 6021 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Christine Doer-ner), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Nor-berth Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessa Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler (par Mme Marie-Josée Frank), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Mi-chel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Ne-gri), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Die-derich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schrei-ner;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 6466, e Partneriatsaccord tëschent der EU a ver-schidene Länner aus Afrika, der Karibik an dem Pazifik. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeloucht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Hären Oberweis, Bettel, Braz a Kartheiser. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Marc Angel. Här An-gel, Dir hutt d'Wuert.

2 6466 - Projet de loi portant appro-bation

- **de l'Accord modifiant, pour la deuxième fois, l'Accord de partena-riat entre les membres du Groupe des États d'Afrique, des Caraïbes et du Pacifique, d'une part, et la Com-munauté européenne et ses États membres, d'autre part, signé à Coto-nou le 23 juin 2000 et modifié une première fois à Luxembourg le 25 juin 2005**
- **de l'Acte final**

ouverts à la signature à Ouagadou-gou le 22 juin 2010 et à Bruxelles du 1^{er} juillet au 31 octobre 2010

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'immigration

► **M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.**- Här President, Madame Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass, wéi Der gesot hutt, et geet ëm eng zweet Modifikatioun vum Accord de Cotonou tëschent den AKP-Länner, dat sinn déi Länner aus Afrika, der Karibik an dem Pazifik, op där enger Säit, an der Europäescher Unioun an hire Memberlänner, op där anerer Säit. Dee gouf 2000, am Joer 2000 gouf dësen Accord zu Cotonou ënnerschriwwen. Déi éischt Revisioun ass ënner Lëtzebuurger Présidence hei zu Lëtze-buerg am Joer 2005 ënnerschriwwen ginn. An elo si mer also bei där drëtter, zweeter Revi-sioun.

D'Kooperatioun tëschent der Europäescher Unioun an den AKP-Staten, déi gouf, an dat

wësst Dir all aus de Geschichtsbücher, an der Vergaangenheet iwwer verschidde Konven-tiounen strukturéiert, wéi d'Konventiounen vu Yaoundé a vu Lomé. Am Joer 2000 kount et dann dunn, wéi déi véiert Lomé-Konventioun zu Enn komm ass, ass een neie Mécanisme fonnt ginn, an dat ass den Accord de Cotonou, also e richtige Partnerschaftsaccord, deen am Fong deen neie Kader gëtt fir d'Relatiounen të-schent der EU an den AKP-Länner.

(Mme Lydie Polfer prend la présidence.)

D'Haaptobjektiv war natierlech d'Reduktioun, à terme, an och d'Éradicatioun vun der Aarmut duerch eng progressiv Integratioun vun den AKP-Länner an déi global Ekonomie, an dat na-tierlech am Respekt vum Développement du-rable.

Den Accord de Cotonou, den Haaptaccord ba-séiert op fënnel interdependente Pilieren, dat ass eng wichteg... deen éischte Punkt ass eng ganz global politesch Dimensioun. Zweetens, d'Encouragéieren vu participativen Approch-éieren vum de Partner. Drëtens, eng strategesch Orientéierung hin zur Aarmutsreduzéierung. Véiertens, d'Mise en place vun engem neie Ka-der fir wirtschaftlech a kommerziell Zesammen-aarbecht. Fënneftens, d'Verbesserung vun der Coopération financière. Den Accord de Coto-nou ass fir eng Dauer vun 20 Joer ofgeschloss ginn a kann, wéi gesot, all fënnel Joer reviséiert ginn.

Am Joer 2009 ass dunn décidéiert ginn, dass den Accord vu Cotonou eng zweet Kéier soll adaptéiert ginn, dat heescht verbessert ginn. An iwwert déi zweet Modifikatioun stëmme mir haut, wéi gesot, of. A genau wéi bei där éisch-ter Revisioun ginn d'Acquis vum Accord de Cotonou guer net a Fro gestallt. Den Artikel 95 seet just, dass ee soll aktualiséieren an d'Effika-sitéit améioréieren.

D'Welt verännert sech, dat wësse mer, et komme Changementer, a säit där éischter Revi-sioun hu mer jo materlieft déi Flambée vun de Präisser vun de Liewensmëttel an och vun der Energie. Et ass eng weltwäit Finanz- a Wirt-schaftskris, an dann och d'Effete vum Kli-mawandel, déi sech ëmmer verstärken. An dann huet sech och erausgestallt, dass déi re-gional Integratioun an den AKP-Länner ëmmer méi wichtig ass, an och, dass d'APEn, dat sinn déi berühmten Accords de partenariat écono-mique, dass een an deene Verhandlungen net richtig weiderkomm ass.

Déi zwou Parteien, d'EU an och d'AKP-Länner, hu virun dëser zweeter Revisioun, esou wéi den Accord dat virgesäit, hir Uleiessen notifizéiert. Fir d'EU ware folgend Theme wichtig, fir ze modifiéieren: Dat waren natierlech déi regional a politesch Dimensioun, eng Clarificatioun vum institutionelle Kader, d'Promotioun vun den Objectifs du millénaire, d'Mandat an d'Aktivité-iten vun der BEI, der Europäescher Investi-tionsbank, d'Approche participative nach aus-zebauen, d'humanitär Hëllef an och d'Preven-tioun vun de Katastrophen.

Déi Uleiessen, déi d'AKP-Länner notifizéiert hunn, déi decke sech gréisstendeels mat deene vun der EU of. Derniewent war et awer fir d'AKP-Länner wichtig, dass d'Dispositionen iwwert d'Preventioun vu Konflikten an d'Konso-lidatioun vum Fridden och considéiert ginn. Zweetens, d'Kooperatioun an der Éducatioun an an der Kultur, an drëtens, dass de Kli-mawandel an d'Liewensmëttelsécherheet an hirer transversaler Dimensioun an déi zweet Modifikatioun hei erakommen.

Et ass also iwwer all déi Sujete verhandelt ginn, déi déi zwou Parteien erabruucht hunn, an déi zwou Säite konnten also den 22. Juni 2010 den Accord zu Ouagadougou ënnerschreien. A bal all Uleies huet Nidderschlag fonnt.

Bei dëser zweeter Revisioun, do gëtt et siwen Haaptenergiën:

Éischstens: Am Kontext vun de Millennium de-velopment goals sinn d'Sécurité alimentaire, de Kampf géint HIV an Aids, d'Durabilitéit vun de Fëschbestänn déi Haaptdefië fir d'AKP-Länner.

Zweetens: Beim Klimawandel erkennen d'EU an d'AKP-Länner un, dass dat wierkech e wich-tegen Aspekt ass an dass och d'AKP-Länner sol-len do an der Lutte géint de Klimawandel an och an der Preventioun méi ënnerstëtzt ginn.

Drëtens: Déi enorm Wichtegkeet vun der re-gionaler Integratioun an den AKP-Länner. Duer-fir gëtt och bei dëser zweeter Revisioun d'Afri-kanesch Unioun e Partner an dësem Accord de Cotonou. An dat ass, mengen ech, e wichtige Punkt, well et verbessert och d'Cohérence des politiques, och innerhalb vun Europa, well mir hunn niewent dem Accord de Cotonou och nach eng Stratégie conjointe UE-Afrique, an ech mengen, duerfir ass dat eng gutt Saach.

Véiertens: Véierte Punkt, Sécherheet a Fragi-litéit. Mir wëssen alleguer, dass Entwécklung nëm-men an engem sécheren Émfeld méiglech ass, an deen neien Accord ënnersträicht eben



dës Interdependenz tëschent Sécherheet an Développement. Et gëtt e besonnescht Augenmerk geluecht op d'Friddenskonsolidéierung an och op d'Preventioun vu Konflikter. Duerfir gesäit dësen Accord eng kohärent Kombinatioun vir vun den Outils diplomatiques sécuritaires an Entwécklungszesummenaarbecht, fir och deene fragilë Staten ze hëllefen.

De fënnefte Punkt - d'Kapitel Handel - vum Accord reflektéiert natierlech déi nei Handelsrelatiounen, besonnesch nom Oflafe vun de Préférence säit Enn 2007, an e réaffirméiert d'Roll vun den Accords de partenariat économique, den APEen, am Kader vun der Integratioun an d'Weltwirtschaft.

Ech mengen, dat ass e Sujet, iwwert deem eis Kommissioun hei am Haus öfters, wa mer mat den ONGe verhandelt hunn, geschwat huet. D'Ministesch huet eis öfters iwwert déi APEen och hei informéiert.

Dës zweet Revisioun ënnersträicht déi Erausforderungen, mat deenen d'AKP-Länner am Kader vun den APEe sech sollen integréieren an d'Weltwirtschaft, an e setzt och den Akzent drop, wéi wichteg et ass, Stratégie-d'adaptationen ze hunn an och d'Aide au commerce net ze vergiessen.

Sechstens: Wat wirklech nei ass: An den AKP-EU-Partenariat sollen och méi Acteuren agebonne ginn. Dat Partenariat soll also méi breet ginn an och méi solidaresch. An deen neien Accord erkennt duerfir d'Roll vun den nationale Parlämenter un, besonnesch an den AKP-Länner, och déi lokal Autoritéiten, d'Zivilgesellschaft a privat Acteuren.

Ech mengen, dës Dimensioun ass wichteg. Et ass wichteg fir d'Demokratie, an dat gëtt alles konsolidéiert an den Artikelen 6 an 10, wou ebe gesot gëtt, dass do déi nei Acteuren derbäikommen. Dat ënnersträicht och de Wëllen, et war jo gesot ginn, déi Revisioun soll den Aspect participatif méi ënnersträichen.

Dann de siwente Punkt. Dës zweet Revisioun setzt nach eng Kéier den Akzent op d'Ëmsetze vun den Engagementer, wat d'Efficacité de l'aide ugeet. An och der EU hir Efforten, wat d'Cohérence des politiques ugeet, fannen an deem Accord hiren Nidderschlag. An deem Zesummenhang soll dann d'bonne Gouvernance en matière fiscale an den AKP-Länner verbessert ginn, e Renforcement vun de Capacités, wat d'Gestioun och vun den öffentlichen Finanzen ugeet.

D'Migratioun, dat war méi en ëmstridde Thema bei de Verhandlungen, an et konnten am Artikel 13, deem am Fong am ursprénglechen Accord iwwert d'Migratioun handelt, keng gréisser Ännerunge kommen. Et gouf awer dunn eng Art Déclaration commune bei den Acte final ugehaangen, an där awer déi wichteg Theme vu Migratioun an Développement behandelt ginn.

Et soll zu engem Renforcement, also zu enger Verdéiung komme vum Dialog an der Zesummenaarbecht an de Migratiounsfroen. An do geet et natierlech ëm Froen, wat d'Diaspora ubelaangt, d'Fuite des cerveaux, Rapatriement vu Fongen an natierlech och déi legal an illegal Migratioun. Dësen Dialog soll intensiv geféiert ginn a beim nächste Conseil AKP-UE muss do-riwwer och da Rechenschaft ofgeluecht ginn.

Madame President, léif Kolleginnen a Kollegen, déi ekonomesch Kooperatioun an d'Handelsfroen sinn am Fong déi zwee Punkten, déi am meeschten ëmmer diskutéiert ginn. Wéi gesot, ech hu virun un d'Diskussionen iwwert d'APEen erënnert. An den Titre 2 vun der drëtter Partie vun deem Accord handelt och iwwert dës Froen, an d'Amendementen zu den Artikelen 34 a 35 suergen dëfir, dass et bei der Kooperatioun a bei der Matière économique an Handel drëms geet, fir der Erosioun vun den Handelspräferenzen entgéintzewierken.

An da soll och der Vulnérabilitéit vun deene villen AKP-Staten duerch hir Dépendance vu ville Produits de base Rechnung gedroe ginn. An dës Dépendancen, déi se hunn, sollen erofgesat ginn, andeems versicht gëtt, hir Economie méi ze diversifizéieren. Also déi Diversifikatioun soll promouvéiert ginn. An ëmmer erëm, an dat ass, mengen ech, och wichteg och fir d'ONGen, gëtt am Text gesot, dass déi Integratioun vun allen AKP-Länner an d'Weltwirtschaft - an ech huelen déi franséisch Wieder - graduel an harmonieux muss sinn.

De Statsrot huet a sengem Avis vum 9. Oktober 2012 dës Projet de loi ouni gréisser Observatiounen guttgeheescht.

Ech wollt awer zum Schluss nach e puer Remarque maachen, déi elo mat mengem Rapport näischt ze dinn hunn. Ech wollt drop hiweisen, dass d'CONCORD - dat ass den europäeschen Daachverband vun den ONGen, déi sech ëm d'Entwécklungszesummenaarbecht këmmern - e Groupe de travail huet, deem e Suivi mécht

vum Accord de Cotonou an och vun dëse Verhandlungen, an dass deen e ganz interessante Rapport gemaach huet, deen deelweis e bësse kritesch nëmme war, gesot huet, dass déi Verhandlungen net ganz transparent waren. Mä et huet mech awer gefreet, vun esou enger kritescher Organisatioun wéi CONCORD awer vill Positives iwwert dës zweet Modifikatioun ze liesen.

Si freeë sech ganz besonnesch iwwert de Renforcement vun de gemeinsamen Institutionen, d'Opwäertung vum Rôle vun de Parlämenter an och vun der Assemblée parlementaire paritaire, dat ass dat Gremium, wou Europadeputéierten an AKP-Deputéierten zesummenkommen. A si ënnersträichen och, dass de Klimawandel duerch eng transversal Fro, also transversal duerch den Accord geet.

A besonnesch dat Kapitel iwwert den Handel, wou jo d'ONGen ëmmer méi kritesch waren, hu se an hirem Rapport iwwerschrifft mat „Commerce, principes de développement restés intacts“. An dat ass wichteg, dass an deene Froen... Bei den APEen hu mer ëmmer gesot, et ass wichteg, dass déi entwécklungspolitesch Dimensioun do am Virrang steet niewent där anerer, där vum Handel.

A si soe souguer an hirem Rapport, an dat ass och interessant, dass d'OMC a kengem Fall kéint verlaangen, dass d'APEen engem Accord de libre-échange gläichkéimen.

Zum Ofschloss wëll ech nach e Bléck no vir werfen. Firwat? Well am Joer 2015 muss déi drëtt Modifikatioun kommen, an am Joer 2020 leeft deen Accord de Cotonou aus. Ech fannen, et ass wichteg, dass een elo schon ufänkt, sech Froen ze stellen zur nächster Revisioun. A wann déi nächst Revisioun gemaach gëtt, mengen ech, muss och d'Roadmap fir den „After-2020“, also wat nom Joer 2020 kéint, um Dësch leien.

An engem interessanten Artikel vum Deutschen Institut für Entwicklungspolitik stoung ebe grad an deem Zesummenhang vun der Preparatioun vum „Post-2020“ an de Relatiounen AKP-EU, dass een dat soll gutt virbereeden, well se soen, 2020, do soll et net zu engem Begrieffes mat Trauerzäit kommen, mä do soll et zu enger Feierstonn vun der Widdergebuer kommen. Also ass et wichteg, dass déi Relatiounen weider bestinn. Se müssen natierlech der Zäit adaptéiert ginn, an dorunner muss fréi genuch preparéiert ginn.

Eng allerlescht Remarque ass: Wann ee sech e bëssen aliest an déi Problematik, da gesäit een och um europäesche Plang e bëssen déi Rivalitéiten tëschent deem nei geschafenen Aussendéngscht an der DG Développement vun der Kommissioun. Ech hoffen, dass déi Reiwereien net zu enger Brems gi fir déi ganz Entwécklungspolitik vun der EU. Ech mengen, dat ass eng Affär, déi mer solle suivéieren.

Ech mengen, och déi zweet Revisioun hei vun dem Accord de Cotonou huet en Impakt op d'Relatiounen vun den EU- an den AKP-Länner an huet natierlech virun allem och en Impakt op d'Manier, wéi d'Sue vum FED, vum Fonds européen de développement, an deenen nächste fënnef Joer gebraucht ginn.

Dat gesot, soen ech lech Merci fir d'Nolauschten a gi gläichzäiteg natierlech och den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

Merci.

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Très bien, Här Angel!

► **Mme le Président**.- Ech soen dem Här Angel Merci a géif dann als nächstem Riedner dem honorablen Här Oberweis d'Wuert ginn.

Discussion générale

► **M. Marcel Oberweis** (CSV).- Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, Madame Ministesch, erlaabt mer um Ufank, wéi ëmmer, dem honorablen Här Marc Angel fir säi schrëftlechen a mündlechen Rapport Merci ze soen.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Marcel Oberweis** (CSV).- Ech wäert net op all eenzelne Punkt agoen. Ech wäert eng aner Ried halen. Am virleiede Gesetzesprojet gëtt de Cotonou-Accord aus dem Joer 2000 fir déi zweet Kéier modifizéiert, nodeems dat schonn eng Kéier am Joer 2005 geschitt ass, an dat zu der Zäit, wou mir d'Présidence vun der Europäescher Unioun haten.

Dës Kéier goufen déi Modifikatiounen, vun deenen den Här Rapporteur elo grad geschwat huet, zu Ouagadougou, der Hauptstadt vu Burkina Faso, am Joer 2010 ausgeschafft. Dës Modifikatiounen muss ee mat Bléck op d'Millenniumsziler 2015 gesinn. Zwee dovun sollten hei erwähnt ginn: Da soll all zweete Mënsch all Dag op der Welt genuch ze iessen hunn...

An déi hei esou vill babbelen, déi hunn all Dag de Bauch voll, déi brauch dat net ze interesséieren.

(Hilarité)

...an Zougang zu propperem Waasser hunn an iwwer eng sanitär Arichtung verfügen.

D'Haaptpunkten aus dem modifizierten Ofkommen si virgestallt ginn, ech ginn net drop an. Ech wëll hei nëmmen nach drun erënnere, dass d'Mëscherechter méi respektéiert musse ginn, an dat mat Bléck op déi sëllege Kricher, notament an Afrika. Virun allem muss de Fridde sech breetmaachen an domat de Mënschen eng méi grouss Sécherheet garantéiert ginn. Nëmmen da sinn d'Mënsche bereet, ënner anere hire Buedem ze beakeren an hire Familijen domadder eng Chance ze ginn.

Obschonn d'Europäesch Unioun sech zu engem Engagement mat dem Ofkommen am Joer 2000 bekannt huet, muss ee leider feststellen, dass nach ganz vill Chantieren opbliwwen sinn. An d'Kris an Europa wäert och net derzou bäidroen, dass déi Chantieren deemnächst fäerdeggestallt kënne ginn. An dat haapt-sächlech, wat d'Zollbarriären ubelaangt, mä och aner Gebidder wéi zum Beispill d'Kooperatioun, d'Ausbildung an d'Investissementen an Infrastrukturen.

An deem Zesummenhang muss ënnerstrach ginn, dass zu Kopenhagen um Ëmweltgipfel am Dezember 2009 ganz déck getéint ginn ass vun den Industriestaten. Si hate versprach, den Entwécklungslänner mat Milliarden Euroen an der Lutte géint de Klimawandel an der Armut bäizestoen. An déi rezent Doha-Konferenz huet näischt, awer och guer näischt an där Richtung bruecht. Keng Perspektive goufe geliwwert.

Ech wëll duerfir meng Ried un dräi Schwéierpunkte fixéieren, déi an den 79 AKP-Länner méi oder manner staark matenee vernetzt sinn. Dat sinn: d'Ernierung an d'Éducation wéi och den Zougang zur Energie.

Et soll an deem Zesummenhang op dee rezente Rapport vun der Weltbank higewise ginn. D'Wëssenschaftler soen eis a ganz dréngend, dass d'Emissionen vun dem Kuelendioxid erëm en neie Rekord am leschte Joer gebrach hunn. Et ass eng Rallye quasiment an der Welt amgaangen. D'lescht Joer goufen 31,6 Milliarden Tonnen eropgeblosen. Déi direkt Konsequenz spiere mir net direkt hei, mä d'Industrielänner sinn an engem héije Mooss dorunner schold an och Schwellelänner wéi Indien a China. Et ass ze fäerten, dass d'Erhéijung vun der Temperatur iwwert déi zwee Grad Celsius erausgeet.

D'Klimawëssenschaftler op der Doha-Konferenz soen eis souguer - dat konnt een do noverfolgen -, dass se fäerten, dass mer Enn des Joerhonnerts, wa kee vun eis méi derbäi ass, mä eis Enkelnen derbäi sinn, véier Grad Erhéijung hunn. Domat leeft d'Mënschheet Gefor, dass verschidde Kippunkten an den Ekosystemer iwwerschritt ginn. Eng Konsequenz, déi mer fäerte mussen, ass d'Erhéijung vum Mieresniveau ëm 1 m bis 1,5 m.

A wa sech d'Temperatur vun der Atmosphär esou ännert, da kënn et zu Dréchenten a Problemer am Waasserhaushalt an domat zu gefährlechen Risiken an der Ernierung vun enger Populatioun op der Welt, déi permanent klëmmt.

Punkt 1: Duerch de Klimachangement si virun allem déi ganz aarm Entwécklungslänner betraff. An dat si jo déi Länner, mat deenen d'Europäesch Unioun elo am Cotonou-Accord e staarkt lwwereneekommes wëllt dreien. Ganz besonnesch ass den Agrarsektor betraff an domat Honnerte vu Milliounen Mënschen.

Maache mir eis näischt vir! D'Sich no propperem Waasser hëlt dramatesch Zoustänn (veuillez lire: Ausmoossen) un. Mir sinn Zeie vun der Dramatik, wa mir de Bléck an Afrika oder den Noen Osten, Mëttleren Oste wenden. Do streide sech d'Leit net ëm e Kanister Bensin. Neen, fir e Liter proppert Waasser streiden d'Leit sech do.

A wann ee sech de globale Welthandel ukuckt, da gesäit een, dass Afrika nëmmen da präsent ass, wann et heescht, Naturressourcen aus dem Buedem erauszerrappen, oder wann et drëm geet, riseg Lännereien, Landflächen ze pachten, ze kafen, wou dann d'Liewensmëttel - et ass oft schonn hei gesot ginn - fir aner Länner exportéiert ginn an d'Armut an Afrika méi grouss gëtt.

Mat deem Ofkommen muss mir eis Kooperatiounspolitik iwwerdenken, an dat mat Bléck op d'Hëllefstellung am Beräich vun der Agrikultur an der Bereetstellung vu propperem Waasser.

E wichtige Punkt ass niewent der Ausbildung vun deene jonke Bauere mat Bléck op eng méi nohalteg Bewirtschaftung sécherlech och den Opbau vun Infrastrukturen. Ech denken do speziell u Späichere fir d'Recolten an d'Stroossen, déi deen Numm net verdéngen an Afrika zum Beispill. Hei huet d'Europäesch Unioun eng Virreiderroll ageholl a si invitéiert hir Memberlänner, d'Initiativ CIVITAS, déi bei eis e groussen Erfolleg kennt, als Best Practice no Afrika ze

bréngen oder an de Pazifik-Raum oder an Asien, soudass déi Länner och vun deem Wësse kënne profitéieren.

Zum Punkt 2: d'Éducation. Et besteet keen Zweifel drun: Déi jonk Mënschen an den Entwécklungslänner stellen de Schlëssel fir déi nohalteg Entwécklung a méi Wuesstum an domadder Reduktioun vun der Armut duer. Si brauchen eng gutt Ausbildung, fir dass esou keng sozial Spannungen optriede kënnen.

Enger rezenter Etüd no missten am Norde vun Afrika an am Noen Oste ronn 100 Milliounen Aarbechtsplaze geschafe ginn, an dat bis zum Joer 2020. Ronn 140 Milliounen jonk Mënsche kënne weder schreiwen nach liesen op der Welt. 77 Milliounen vun de Kanner am Grondschulalter gi weltwäit net an d'Schoul, entweder well hinnen dat materiell net méiglech ass, oder well se als Aarbechtskraaft a jonke Joren agesat ginn, mat der Konsequenz, dass se ganz fréi stierwen. Ongeféier d'Halschent vun hinne leeft an der Subsahara. An Afrika geet, dat weess ech e bësselchen, all véiert Kand net an d'Schoul.

Dat stellt an den Ae vun der CSV niewent dem Ernierungsproblem e wichtegen Terrain vun der Kooperatioun an dem Ofkommen mat den AKP-Länner duer. En därege Problem ass sécherlech dee vun der Aschoulung vun de Meedercher, well si, bedéngt duerch d'Traditioun, an de Ménagen eng Hand mat upake mussen.

Notamment am ländlechen Raum sinn d'Konditiounen, fir ze ënnerriichten, méi wéi prekär. An et bedéngt schonn eng ganz gutt Portioun Zivilcourage, sech do als Enseignant anzebréngen. Wann d'Welt et mat dem Millenniumszil vun der Ausbildung, dat ech ugewisen hat, eescht mengt, da misste ronn zwou Milliounen nei Plaze fir Léierpersonal weltwäit geschafe ginn.

Et ass deemno eng wichteg Aufgab vun der Europäescher Unioun, an deem Beräich iwwert dëst Ofkommen eng Hëllef un déi sëllege Staten unzébiden an dëfir ze suergen, dass d'Ausbildung verbessert gëtt an och déi néideg Aarbechtsplaze geschafe kënne ginn, well nëmmen esou kënne eis AKP-Partnerlänner méi Selbstständigkeit kréien an hiren Undeel um Weltmarkt eropschrauwen.

An deem Zesummenhang sollte mir emol driwwer nodenken, fir den Enseignement an de ländleche Géigenden iwwert de Wee vu Satelliten duerchzeféieren. An engem bestëmmte Fach gëtt vun engem Enseignant Wëssen iwwer Satellit vermittelt. Et nennt een dat eng virtuell Schoul. An Australien konnt et dat gesinn, an elo rezent an Däitschland ass déi éischt virtuell Schoul agesat ginn an den ostfriesesche Länner. Do ginn d'Kanner da vun enger Plaz mat Wësse beliwert.

Zum Punkt 3, Zougang zu Energie. Als Éischt wëll ech drop hiweisen, dass Energie an den Entwécklungslänner kee Luxus ass wéi bei ons hei doheem, mä déi wichtegst Viraussetzung an der Lutte géint d'Armut.

D'UNO huet et kloer gesot, déi adequat Energieversuergung ass de Schlëssel fir eng besser Zukunft. Hale mir eis virun Aen: Ronn 1,8 Milliarde vun deene 7,3 Milliarde Mënschen hunn haut nach keen Zougang zu Energiedéngschtleeschungen, wéi mir se heiheem kennen. Ronn 2,5 Milliarden hu soss näischt wéi hir Biomass oder d'Mësch vum hiren Déieren. An derbäi kënn nach, dass d'Entwécklungslänner déi sinn, déi am meeschte vum Klimawandel betraff sinn.

D'Drèchent, de Waassermangel an d'Erosioun zerstéieren op ville Plazen all Hoffnung fir eng besser Zukunft. Duerch de Réckgang vun der Produktioun vu Liewensmëttelen verlosse vill Mënschen de ländleche Raum a wandere an d'Slums vun de Stied, an do ass d'Armut och net méi kleng. Wann ee sech déi eenzel AKP-State méi genau ukuckt - an den honorabele Marc Angel huet dat jo scho gesot -...

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Très bien!

► **M. Marcel Oberweis** (CSV).- ...da gesäit een, dass déi weénegst eng Energieverdeelung hunn, déi sech mat där an eise Länner vergläicht. An de meeschte Fäll hu si kleng Diesel-Génératrices am Asaz, an domat sinn d'Mënschen ofhängeg vun dem Aerduelechsektor. An an de meeschte Fäll ginn d'Fraen emol keng 40 Joer al, da si se scho blann duerch déi Ofdämp vun deene klengen Diesel-Génératrices.

Mëttlerweil huet sech d'Erkenntnis duerchgesat, dass et sech net méi lount, an dës Länner Héichspannungsleitungen, wéi mir se hei hunn, iwwer Kilometeren ze bauen.



(M. Laurent Mosar reprend la présidence.)

Neen, am Contraire. Et gëtt ëmmer méi op déi dezentral a regional Energieversuergung gesat, woubäi dann all Zorte vun erneierbaren Energien zum Asaz kommen.

Mëttlerweil sinn eng ganz Rei vu Projeten a vilen Entwécklungslänner duerchgefouert ginn. Och an de Länner, mat deene mir Kooperatioun maachen, wéi dem Cap-Vert, Burkina Faso a Salvador si mir do Virreider vun dese Projeten. A Burkina Faso sinn eng ganz Rei vu Pétze bis zu Honnert Meter déif gebuert ginn. An domat gëtt d'Waasser mat Stroum vun der Sonn eropgepompelt. An eng grouss Chance: D'Fraen an d'Meedercher brauchen net méi d'Waasser iwwer zeg Kilometer sichen ze goen. Fir si eng grouss Erlichterung vun hirem Alldag. An doriwwer eraus kann déi elektresch Energie och an der Éducation agesat ginn. An op déi Manéier hiewe mer op alle Fall de Liewensniveau vun de Leit doënnen.

Wann d'Mënsche gesinn, dass si eng reell Chance zum Iwwerliewen an hirer Heemecht hunn, dann ass de Gedanken zur Migratioun bal net méi do, en ass ganz kleng. Grad dësem Punkt gëtt an deem Véierlännerofkommen eng grouss Bedeitung och bäigemooss.

Fir dass d'Modifikatiounen vun dem modifizierten AKP-Ofkommen hir Friichten droe kënnen, mussen virun allem zwee Dossiere mat Liewen erfüllt ginn. Et muss eng seriö Partnerschaft fir de Friden an d'Sécherheet an d'Liewe geruff ginn. Et gëllt virun allem déi vill kleng Kricher, notament an Afrika, zu Enn ze bréngen. Soulaang Afrika mat Waffen iwwerschwemmt gëtt an do ëmmer nees nei Stellvertrederkricher lassgetréppelt ginn, kann do kee Friden herrschen. D'Europäesch Unioun muss dat a mengen Aen zu engem Haaptuleies, zur Chef-saach maachen.

Deen anere wichteg Handlungspunkt ass d'Partnerschaft fir eng demokratesch Governance an de Respekt vun de Mënscherechter. Hei soll ënner anerem déi panafrikanesch Architektur fir Friden ënnerstëtzt ginn, fir dass eng stabil Zivilgesellschaft opgebaut ka ginn, wou deen eenzelne Matbirger sech fräi entfale kann. An deem Zesummenhang ass et wichteg ervirzehiewen, dass d'Wëssensgesellschaft och an den AKP-Staten, mat der Ënnerstëtzung vun der Europäescher Unioun, hir Friichten droe muss.

Et lount sech ze ënnersichen an ze ënnersträichen, dass sech d'Europäesch Unioun dat Instrument „AGIR Sahel“ ginn huet. Mat deem ka si kuerzfristeg op Ernährungskrisen, wéi elo an der Sahel-Zon, reagieren. Do si ronn zwielef Milliounen Mënsche vun enger Hongersnout beträff. An dësem Joer eleng huet d'Europäesch Unioun schon dofir 500 Milliounen Euro bereetgestellt.

D'Politik vun der Europäescher Unioun ënnerscheet sech ganz staark vun anere globale Playeren. Si setzt dach ganz staark op ee konstruktive Bottom-up-Prinzip. Doriwwer ënnerstëtzt si och dann d'Akommessécherheet, d'Éducation an d'Gesondheitsvirsuerg, dee véierte Pilier vun onser Kooperatioun.

Et ass wichteg ervirzehiewen, nach eng Kéier, dass, trotz der Kris an Europa, d'Europäesch Unioun am Joer 2011 nach ëmmer bal 54 Milliarden un Entwécklungshëllef bereetgestellt huet. Dat ass en Zeechen, dass an Europa déi Mënschen, och wann et hinne schlecht geet, déi aner Mënschen, deenen et nach vill manner gutt geet, net aus den Ae verluer hunn.

De virleiden Accord, dee soll dat jo ënnersträichen, tëschent den AKP-Staten an der Europäescher Unioun, stellt an den Ae vun der CSV e wichteg Bausteen fir eng méi gerecht Welt duer. D'CSV ënnerstëtzt dofir all Beméiunge fir méi Kohärenz an der europäescher Politik. Mir hunn oft scho gesot gehat, dass et do felt. Mir mussen där Saach nach méi eng grouss Bedeitung bäimoossen.

A virun allem mussen mer de fairen Handel mat de Länner, den AKP-Länner, op d'Bee setzen. Et kann net sinn, dass mer bei hinnen d'Zollbarrière ganz kleng setzen a bei ons grouss an héich Barrière setzen.

An dann dierf een, dat ass oft schonn hei gesot gi vun anere Virriedner, et dierf een et net an et dierf och net sinn, dass mer mat enger Hand eppes ginn a mat zwou Hänn erëm eppes ewechhuele vun dach aarme Leit vun der Welt!

Dës Gedanke virgedroen, bréngen ech den Accord vun der CSV eran a soe Merci fir d'No-lauschteren. An entschëllegt mech fir dee kleng Lapsus am Ufank.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Oberweis. Als nächste Riedner ass den Här Bettel agedroen.

► **M. Xavier Bettel (DP).** - Här President, ech soen lech Merci. Ech soe fir d'Éischt dem offiziellen Rapporteur Angel Merci, dann dem zweete Rapporteur Oberweis och Merci.

(Hilarité)

Ech wier frou gewiescht, wa mer och e bësse méi iwwert de Projet geschwat hätten, well dem Här Oberweis seng Ried kann e fir d'nächst Joer erauspaken, nees fir d'Ried zur Kooperatioun.

Ech wëll just soen, Här President, dass et fir eis wichteg ass hei, mir schwätze jo iwwert de Fait, an déi grouss Diskussioun, déi awer stattfënn, ass de Contrôle vun deene Suen. An ech weess, dass och eng Demande do ass vum Europaparlament, ob et net méiglech wier, fir deenen déi Roll kënnen ze ginn, fir kënnen dee Processus démocratique vun enger Instance de contrôle ze sinn. Ech weess, dass dat Diskussioun sinn. Et wier vläicht net schlecht, fir méi transparent deenen och vläicht dann déi Roll kënnen ze ginn.

Den nächste Kader leeft bis 2020. Wat kënn duerno? Dat ass déi Fro, déi ee sech stellt. Et si verschidde Leit, déi mengen, et sollt een dat Ganzt ofschafen. Mir sinn net där Meinung. Duerfir ass et och wichteg, net nëmmen à court terme do ze kucke fir déi nächst sechs, siwen oder aacht Joer, mä och, wat duerno kënn.

Deen neien Aspect, an ech mengen, dee soll een och ënnersträichen, an deem Accord, dass och déi regional Integratioun mat drakénnt, deen ass fir eis och ganz, ganz wichteg, an ech wëll dat och ënnersträichen. An ech wëll och der Ministesch soen, dass d'Kooperatiounspolitik eng ass, wou se mat der Demokratescher Partei ee Partner huet.

Selbstverständlech wäert och eis Fraktioun deen heiten Text stëmmen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Bettel. Als nächste Riedner ass den Här Braz agedroen. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Félix Braz (déi gréng).** - Merci, Här President. Ech wëll och dem Här Angel Merci soe fir säi wirklech exzellenten a ganz komplette

mëndleche Rapport, net nëmmen de schrëftlechen, mä och dee mëndlechen.

Mir hate virun e puer Woche jo d'Geleeënheet, heibannen iwwert d'Kooperatiounspolitik ze diskutieren, an effektiv dese Projet de loi hätt sech och kënnen dofir bidden, fir eng méi allgemeng Diskussioun iwwert d'Kooperatioun ze féieren. Mä ech mengen, mir hunn dat gemaach virun e puer Wochen, ech wëll dofir déi Saachen haut net nach eng Kéier alleguerte widerhuelen.

Ech wëll just dräi Remarquë maachen, Madame Minister, an lech och eng Fro stellen aus aktuellem Ulass zu deem, wat am Mali geschitt. Da kënn Dir lech schonn e bëssen dorop astellen.

Déi éischt Remarque, déi ech wollt maachen, betrëfft déi politesch Dimensioun vun dësem Accord. Ech mengen, dass dat ee vun deene positive Punkten ass an dësem Accord, dass an Zukunft probéiert gëtt, an de Relatiounen mat AKP-Länner och dee politesche Volet a besonnesch dee parlamentaresche Volet ze dévellopiéieren.

Mir gleewe ganz fest dorunner, dass an deene Länner net nëmmen den Dialog mat de Regierungen, mä besonnesch den Dialog mat de Parlamenten ka Sënn maachen, mat de Majoritéiten vun de Parlamenten, awer och mat den Oppositionen an de Parlamenten. Do ass vill Potenzial, an dass deen neien Accord, deen ofgeännerten Accord, dat zu engem Schwéierpunkt mécht, mengen ech, ass e wesentleche Punkt, dee mir hei wollten ënnersträichen.

Déi zweet Remarque, déi mer wollt maachen, dat ass dee ganze Volet vun de Mënscherechter an notament de Volet vun der Non-discrimination. Dat war e Géigestand vun Diskussiounen an déi waren net ganz einfach. Et ass sech schlussendlech drop géeenegt ginn, e Verweis ze maachen op déi universell Deklaratioun vun de Mënscherechter. Dat ass wuel d'Basis, mä et hätt misse méiglech sinn, an dëser Diskussioun och méi wäit virun ze kommen.

Mir wëssen, dass dat net onbedéngt elo do d'Schold ass vun den europäesche Partner, mä et ass offensichtlech, dass do e Problem nach ëmmer besteet. An do ass, an eisen Aen, an den nächste Joren, en vue vun där nächster Revisioun, déi den Här Angel schonn ugekënnegt huet, dass grad deen dote Punkt onbedéngt muss verdéift ginn. Et ass fir eis wirklech e fundamentalen Aspekt an all dese Kooperatiounsaccorden.

Déi drëtt a lescht Remarque betrëfft, oder drëtt, pardon, Remarque vu véier, betrëfft d'Agrikultur. De Kolleg Oberweis ass schonn dorop agaangen. Eis ass et wichteg, wann hei geschwat gëtt vun enger Verbesserung vun der Produktioun a besonnesch vun der Produktivitéit, wann ee schwätzt vum Erossetze vun den Taux de douane, dass een déi Länner net an eng nei finanziell Ofhängegkeet stierzt, dass een hinnen hir Ressourcë mat vill ze vill niddregen Taux douaniers hält: déi Suen, déi da feelen, fir kënnen ze investieren!

Gläichzäiteg drücke mer se an eng Richtung vun enger Agrikultur, déi mat Intransit schaff, wou se och finanziell méi deier gëtt an der Produktioun fir déi Leit selwer op der Plaz. Dat ass herno eng Produktioun an eng Agrikultur, déi riskéiert, komplett an den Export ze goen, mussen ze goen, wa se wellen op hir Fraisé kommen, an dat ass fir eis net dee richtege Wee. Do hoffe mer, och an den nächste Joren, dass do eng aner Asiicht kënn, grad bei der Verbesserung vun der Produktivitéit, dass mer net eng Fal maache fir déi Leit vun enger neier

finanzieller Ofhängegkeet, wou se géifen dra-gedréckt ginn. Dat ass fir eis e Schwaachpunkt vun dësem Accord.

Véiert a lescht Remarque, déi ass just ënner Form vun enger Deklaratioun an den Accord erakomm, déi betrëfft d'Migratioun, déi verschidden Aspekter vun der Migratioun, notament och de Volet vun der legaler Migratioun. Dat ass ee Volet, wou mer mengen, dass Verbesserung mussen kommen, a wou mer frou wieren ze héieren, wat konkret an den nächste Joren, Madame Minister, an Ären Ae sollt hanert där Deklaratioun vun der Migration légale kënnen Konkretes gemaach ginn. Mir halen dat fir e wesentleche Punkt. Och dass d'Stéchwuert vun der Fuite des cerveaux thematiséiert gëtt, hale mer fir onbedéngt e relevanten Aspekt an hoffen, dass do Lëtzebuerg bei deenen doten Theme sech wäert zu Wuert mellen.

Lescht Remarque, Madame Minister, dat ass déi Fro, déi ech wollt stellen, dat ass d'Arrestatioun vum aktuellen oder viregten Premier vu Mali, dem Cheik Modibo Diarra, dee vun der Arméi festgeholl ginn ass a kuerz dorop fräiwëlleg demissionéiert huet. De Kapitän Sanogo, dee schonn en Haaptresponsable war fir de Militärcoup vum 21. Mäerz, huet gesot, de Premier Diarra war net forcéiert ginn, e war just zu senger Deklaratioun hin... hätte se him et wëlle facilitéieren. Esou huet e sech op eng ganz zynesch Aart a Weis ausgedréckt. An deen neie Premierminister, dee genannt ginn ass, den Diango Cissoko, ass e ganz enke Kollaborateur vum President.

Mir hunn an eiser Kooperatiounspolitik schonn eng Kéier e Stopp gesat an eise Relatiounen mam Mali. Mir haten d'lescht Woch den Ausseminister vu Mali bei eis an der Kommissioun, wat eng ganz interessant, pardon, vum Niger, wat eng ganz interessant Entrevue war, deen eis vill Saache gesot huet, och iwwert d'Situatioun am Mali. An dat, wat elo geschitt ass, ass natierlech keng Vereinfachung vun der Situatioun!

Duerfir eis Fro un lech, Madame Minister: Wat heescht dat, wat elo zu Bamako geschitt ass, konkret fir d'Lëtzeburger Regierung? Wäerte mer erëm eng Kéier e Stopp an der Relatioun verhängen? Wann net, firwat oder wouvu géife mer et ofhängeg maachen? Wat ass also Är Aschätzung? Wéi soll een dat politesch bewäerten, wat elo am Mali geschitt ass, an der Relatioun selbstverständlech, déi mir als Lëtzeburger Land am Kader vun der Kooperatioun mam Mali hunn?

Ech soen lech Merci.


► **M. le Président.** - Merci dem Här Braz. Als leschte Riedner ass den Här Kartheiser agedroen. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Madame Minister, ech wëllt och ufänke mat engem Merci un de Rapporteur. Den Här Angel huet sech wéi ëmmer vill Méi ginn, fir eis déi Rapporten do ze erklären, an dat erkenne mer och ganz gär un.

Et ass awer och fir eis eng Geleeënheet, eis ze froen, ob deen dote Genre Accord de coopération, ob dee wirklech nach zäitgeméiss ass. Mir hate jo héieren, den Här Angel huet eis jo och erkläert, datt déi eng ganz laang Geschicht hu mat den Accords de Yaoundé an esou weider, alles, wéi dat ugefaangen huet. An deen heiten, do si mer och elo schonn an der Hal-schent oder méi vun der Lafzäit vun dësem Accord. An da muss ee sech froen: Dee Geescht

- L'actualité parlementaire sur **www.chd.lu**.
- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur **www.chd.lu**.
- La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur **www.chd.lu**, avec quiz, information et vidéo.

- L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre **www.chd.lu**.
- Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images, sur **www.chd.lu**.
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.



CHAMBRE
DES DÉPUTÉS

www.chd.lu



vun deenen Accorden, entsprécht deem nach der politescher Realitéit vun haut?

Do musse mer awer gesinn, datt d'Europäesch Unioun jo laang net méi deen eenzeggen Acteur ass, wann d'Entwécklungshëllef beschwat gëtt, mä datt déi Süd-Süd-Dimensioun eng vill méi grouss Dimensioun kritt, notament duerch d'Implikatioun vu Länner wéi Brasilien, wéi Indien a virun allem natierlech wéi China. An do muss ee wëssen, datt déi Länner keng oder praktesch keng Konditionalitéite vu politescher Natur froen.

D'Fro ass also, éischstens, ass et iwwerhaupt nach realistesch vun der Europäescher Unioun, esou Konditionalitéiten an hir Accorden anzuschreiwen? Mir kënnen jo soen, vun eis aus ass dat politesch gewünscht an et ass e bëssche fir eis eege Consummatioun, datt mer net drasetzen, fir eis eegent Gewëssen ze berouegen. Mä kënnen mer dat iwwerhaupt nach duerchsetzen, wann déi Länner d'Wiel hunn tëschent substantielle finanzielle Ressourcen, déi vun aneren Acteuren kommen, déi keng Konditiounen stellen oder ganz wéineg Konditiounen stellen an déi eis dat da vläicht zougestinn, den Dialog oder eng gewësse Wäertevermittlung, awer an der Praxis net méi drop ugewise sinn?

Dat Zweet ass, mir müssen eis och froen, ass et richtig, fundamental richtig, datt mir eng Rei vu Wäertevinstellungen an deen Dialog wëllen erabréngen, déi eiser Kultur an eise Wäerteverständnis hei méi oder manner entsprechen, awer net onbedéngt an anere Kulturen? Dat ass eng ganz substantiell Fro! Mir müssen oppassen an deene Saachen, datt mer net esou wäit ginn, datt mer do an eng paternalistesche oder an eng neokolonialistesche Attitüd erakommen. Den Dialog muss ëmmer um Respekt vu Gläichwäertegkeet bestoen. An hei, wann een deen Accord liest, huet een awer heiansdo dat Gefill, datt mir ganz laang Diktator opstellen an e bëssen iwwerdreien.

Suerge maachen eis verschidden Dispositiounen. Wann ech zum Beispill den Artikel 25 vun deem Accord kucken - an deem ass jo elo net haut a geschlechter verhandelt ginn, mä viru véier, fënnf Joer -, do muss ee sech froen, firwat zum Beispill, an et geet am Artikel 25 ëm Finanzfroen, firwat gëtt niewent dem Principe de transparence och de Principe vun dem Échange d'informations do festgeschriwwen?

Ech mengen, wann d'Europäesch Unioun en Text verhandelt, och wann dat relativéiert gëtt duerch esou Saache wéi déi, déi sech engagieren, oder wéi déi, déi dat wëllen, mä ech mengen, datt eng Lëtzebuerger Verhandlungsféierung bei engem internationalen Accord sollt drop uechtginn, datt mer net de Principe vun engem Échange d'informations an esou een Text erschreiwen, well et eiser Positioun innerhalb vun der Europäescher Unioun net déngt.

Mir hunn och de Moie beim Här Frieden senger Ried erëm eng kéier kënnen feststellen, wéi onendlech schwaach, wéi onendlech schwaach des Regierung ass, wann et nach drëms geet, fir Interessen, Lëtzebuerger national Interessen oder Interesse vun eiser Finanzplaz ze verdeeden a praktesch schonn eng Kapitulation a priori mat agebaut gëtt, amplaz ze soen: Ma neen, mir Lëtzebuerger, mir hunn eng aner Vue.

Ech erënnere mech, virun zéng Joer, et ass nach guer net esou laang hier - ech mengen, par rapport zu deem, wat den Här Angel eis erzielt huet, ass dat eng kuerz Zäit -, du huet et nach ëmmer geheescht: Fir eis, an net nëmme fir Lëtzebuerg, mä och fir Lëtzebuerg ass d'Bankgeheimnis Deel vun de Mënscherechter a mir wëllen net den transparente Bierger. Dat war ganz laang eis Doctrine. Wann ech héieren, wéi haut eis Regierung schwätzt, da kann ech nëmme feststellen, datt et heiansdo gutt wär, sech op eis Argumentatioun vu fréier ze besinnen. Mir wëllen natierlech kee favorisieren, dee Steieren hannerzitt, mä den transparente Bierger, ech mengen, dee wëlle mer a solle mer och haut nach net wëllen!

Dann hu mer och aner Saachen hei an deem Accord, wou ee sech kann d'Fro stellen: Ass dat néideg? Den Artikel 61 zum Beispill, dee schwätzt ëmmer nach vun där Aide budgétaire directe, déi an Afrika och extrem ëmstridden ass. D'Aide budgétaire directe, dat ass eppes, wat d'Korruptioun favoriséiert. Och wann d'Madame Minister, déi et jo och selwer an hiren Accorden ëmmer erëm mat abaut, seet, dat wär enk kontrolléiert. Mä dat léisst sech net kontrolléieren!

Virun allem huet et e strukturellen Nodeel, well Länner, déi eng Aide budgétaire directe kréien, déi rutschen ëmmer méi an eng strukturell Ofhängegkeet, budgetär Ofhängegkeet vu bauseschter Hëllef. An dat solle se net. Si solle kucken, datt se op hir eege Féiss kommen. An eng Budgethëllef ass einfach e Geste am falsche Wee.

Positiv sinn awer och eng Rei Saachen an deem Accord. Éischstens, den Artikel iwwer Aids ass

vill besser wéi dat, wat mer fréier haten, wou dat nëmmen en marge diskutéiert gouf an net esou detailléiert. Mä et feelt eppes an deem Artikel. Et steet zwar dran, datt deen Accord „vise à“, ech mengen, dat ass eng Déclaration d'intention, déi do drasteet, wéi och d'Versuergung mat Medikamenten ze verbesseren. Mä et ass awer net den Engagement, fir deene Leit, déi krank si mat HIV Aids, fir deenen och wierklech ze hëllefen iwwert de Wee vun enger Patentregelung oder vun enger direkter Hëllef, datt esou Medikamenten à prix abordable kommen.

Ech mengen, do si mer ee Schrëtt net wäit genuch gaangen, a mir sollt vläicht als Lëtzebuerg och an Europa derfir antrieden, datt mer deene Leit och wierklech net nëmme versprechen, et ze maachen, mä deenen och d'Medikamenten zur Verfügung ze stellen, fir méi Leit kënnen ze versueren, déi un Aids leiden.

Dann och den Artikel 29. Dat ass e ganz wichtigen, och e positiven Artikel, datt mer d'Wichtigkeet vun der regionaler Integratioun an Afrika unerkennen an d'Wichtigkeet vun der Konstruktioun vun Infrastrukturen. Et muss een awer wëssen, wouriwwer mer schwätzen, wéi wichtig dat ass, datt mer dee Prozess begleet. Et ass net normal, datt den Import vun engem Auto aus Korea an Afrika - ech soen elo emol Zifferen, einfach fir Gréisstenuerdnungen ze nennen - soe mer 1.000 Dollar un Transport an Zollkäschte kascht, a wann ee vun engem afrikanesche Land deeselwechten Auto an d'Nopeschland bréngt, da si mer a Kategorie vu 4.000, 5.000 Dollar!

Do sinn einfach Handelshemmnisse, déi mer mussen mat ofbauen, déi mer och kënnen finanziell begleeten, fir Verloschter an dem Budget fir eng gewëssen Zäit ze iwwerbrécken. Mä datt mer déi regional Integratioun an Afrika als Hiewel vun der Entwécklung huelen, ech mengen, dat ass eppes, wou mer sënnvoll kënnen usetzen.

D'selwecht wa mer iwwer Agrikultur a Kohärenz schwätzen. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg do relativ wéineg ze leeschten. Mä och an Europa mussen mer schwätzen iwwert d'Subventionierung vun Kotteng oder vun aneren Agrarprodukter, déi fir vill afrikanesch Länner wierklech vu primordialer Wichtigkeet sinn - och fir e puer europäesch, südeuropäesch Länner. Mä wa mer iwwer Kohärenz schwätzen, ass et virun allem emol eng Saach an der Agrikultur, wat den Export vu Fleesch ugeet an och verschidde Produiten, wéi zum Beispill de Kotteng, datt mer deen net méi esou subventionéieren.

D'Finanzen. Do ass och nach ze soen, datt sech an der Entwécklungshëllef och fir eng Finanzplaz wéi Lëtzebuerg, mä allgemeng an Europa, kënnen Fënsteren opdoen. Mir haten dat, an dat hutt Dir, Madame Minister, matbedriwwen, ob schonn d'Mikrofinanz elo net nëmmen hir positiv Säiten huet, mä och kann a verschiddene Situatiounen zu enger Iwwerverschëldung féieren. A mat schrecklech héijen Zënssätz kënnen och Leit bei der Mikrofinanz konfrontéiert ginn, mä ëmmerhin, et ass en Instrument, wat ka ganz gutt fonctionnéieren.

En anere Volet, dee mer ëmmer erëm gesinn, datt sinn déi Leit, déi an Europa wunnen, déi aus Entwécklungslänner kommen an hir Suen heemschécken. Déi géifen nach vill méi heemschécken, wa se mat manner héijen administrative Bankfraisé konfrontéiert wären, wéi dat am Abléck de Fall ass.

Duerfir wär et interessant fir eng Finanzplaz nozedanken - net eleng Lëtzebuerg, well mir hunn net esou vill där Leit hei, mä awer och mat aneren zesummen -, ob et net méiglech ass, déi Transferte vu Gelder vun Europa no Afrika ze verbëlegen. Well déi Suen, déi Zommen, déi do iwwerwise ginn, déi sinn an dem Volume méi grouss wéi d'Entwécklungshëllef a kommen direkt de Familljen natierlech vun deenen zegutt, déi do an Afrika wunnen. An doduerch hätt esou eng Mesure e groussen Impact. Also ech géif lech do encouragéieren, dat vläicht och emol mat der ABBL a mat aneren opzwerfen, ob mer net um Niveau vun de Frais bancaires kënnen eppes maachen.

D'Scholderereduzéierung ass och ugeschwat ginn. D'Scholderereduzéierung huet dann natierlech ee Wäert, wann déi Scholderereduzéierung geschitt ass duerch Saachen... also wann d'Iwwerverschëldung an afrikanesche State geschitt ass duerch Facteuren, déi net an hirem Afloss louchen, wéi zum Beispill eng ze vill séier an ze vill héich Entwécklung vun internationalen Zësniveau. Mä allgemeng sollt mer déi afrikanesch Staten encouragéieren, fir op de Wee vun engem Rating ze goen.

Mir haten de Moien hei héieren, datt verschidde Leit op der sozialistescher Bänk net esou frou si mat Ratingen. Ech sinn et och net, mä et ass awer am Abléck deene eenzege Wee, dee mer hunn, fir e Stat iwwerhaupt kreditwürdeg ze maachen. An dat ass de Wee, deen ee muss goen als afrikanesche Stat, entweder

eleng oder mat e puer anere Staten zesummen.

Mä datt se emol probéieren, iwwerhaupt e Rating ze kréien an doduerch en Accès zum privaten Investitiouns- oder Kreditmarché ze kréien a sech doduerch kënnen duerch aner Manéiere finanzéieren, wéi nëmmen duerch d'Entwécklungshëllef, déi se och an enger permanenter Ofhängegkeet hält. Mä doduerch, datt se iwwerhaupt emol unerkannt sinn als Partner um internationale Finanzmaart, hu se natierlech aner Entwécklungsméiglechkeeten, wéi dat am Abléck de Fall ass.

Mir haten, an ech mengen, den Här Braz hat dat scho gesot, d'lescht Woch den Ausseminister vun Niger hei. Dat war wierklech eng interessant Entrevue, well et huet mech immens gefreet, datt deen Här eigentlech d'Politik vun der ADR mat zwee Stempelen an dräi Ënnerschrëfte confirméiert huet, well hien huet gesot: Mir müssen eis Entwécklungshëllef...

(Interruptions diverses)

Jo, Dir hätt sollen do sinn. Also, dat war...

(Interruptions diverses)

Also, ech weess, Dir sidd begeeschtert an Dir beneit eis, mä alt nees eng kéier huet sech gewisen, datt d'ADR recht huet.

(Interruptions diverses)

Deen Här huet nämlech gesot: Mir sollen...

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.**... de Minister se...

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Jo, neen, Dir hutt... och lech, Madame Jacobs, hätt déi Entrevue näischt geschuet, well hien huet gesot: Mir sollen eis Entwécklungshëllef...

(Interruption)

Mir sollen eis Entwécklungshëllef bannen an net gebonne loosson. Well wat mir Lëtzebuerger an anerer...

► **M. Félix Braz (déi gréng).** - Sou sot en dat net, sou sot en dat awer net! Dir maacht elo e Raccourci, Dir maacht aus engem Kilometer dräi Meter.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här Braz, ech erklären lech eng kéier, datt den Här Minister...

(Brouhaha général)

► **M. le Président.** - Ech bieden lech, elo dem Här Kartheiser, deem seng Zäit geschwënn op en Enn kënnt, nozelauschteren!

(Interruptions diverses)

► **M. Félix Braz (déi gréng).** - An dem Här Kartheiser seng Riedezäit ass ofgelaft.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här Président, si hale mech op beim Schwätzen.

► **M. Félix Braz (déi gréng).** - Et ass eriwuer.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Mir müssen eis Firmen..., mir müssen eis Lëtzebuerger Firmen an Afrika bréngen. Éischstens hëlleft dat deene Länner direkt. Well direkt Investitiounen schafen Aarbechtsplazen, schafe Steieropkommes fir déi Länner. Et gëtt eise Firmen d'Méiglechkeet, nei Marchéen ze kréien. Et hëlleft eiser Handels- an eiser Leeschtungsbalanz.

A virun allem sinn eis Firmen, wa se an Afrika sinn, anescht deontologesch gebonnen an trieden anescht op wéi Firme vun anere Länner, déi do vläicht d'Korruptioun fördern, wat eis Firmen normalerweis net maachen an net solle maachen. Mä mir musse léieren, datt de Wee, fir afrikanesch Länner ze ënnerstëtzen, de Wee vum Handel a vun Investitiounen ass, an net vun Hëllef.

Merci.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Kartheiser. Elo kritt nach eng kéier d'Wuert... Jo, den Här Wolter.

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Entschëllegt, Madame Minister. Ech wollt just op eppes zrëckkommen, wat den Här Braz gesot huet, fir och vläicht d'Kollegen ze informéieren iwwer en Émstand, dee se vläicht net alleguerten esou kennen. Dat ass, wann iwwert d'Gouvernance vun de Parlamenten geschwat gëtt, wat jo eng Viraussetzung ass, fir en Dialog kënnen anzeféieren. Dann ass et wichtig, dass och um Niveau vun der Formatioun vun deene Parlamenten, dass Akzenter gesat kënnen ginn.

Mir si jo vertrueden an der Assemblée parlementaire vun der Francophonie. Déi haten eng Demande bei eis gemaach, déi se schonn eng Rei vu Jore gemaach hunn, well haaptsächlech déi Programmer vun der Formatioun och an de Parlamenten opgrond vun de Krisenelementer reduzéiert gi sinn; wat schued ass.

An ech mengen, ech wollt de Kollege matdeelen, fir souwäit wou se dat net wëssen, dass de Bureau vun der Chamber décidéiert huet, fir do

en extrae Kredit fir déi afrikanesch Parlamenten, déi am Kader vun der Francophonie dra sinn, fir eben déi Programmer, dass déi net stierwen, mä dass déi Programmer weidergefouert ginn. Well ech darselwechter Meenung si wéi déi, déi den Här Braz ausgedréckt huet. An dass et extrem wichtig ass, wann een iwwerhaupt an en Dialog an an eng Diskussioun wëllt kommen, dass déi Leit och um Niveau vun der Gouvernance déi Standarden hunn, déi fir eis selbstverständlech sinn.

Dofir huet och den Här Legendre, de Secrétaire général vun der Francophonie, mech gebieden, dem Parlament Merci ze soen. Well zesumme mat de Kollegen aus der Communauté française de Belgique an aus dem Québec a mat deem Obolus, deen eis d'Chamber ginn huet, dee bréngt et da mat sech, dass 2012 an 2013 déi Programmer kënnen weidergefouert ginn.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci fir déi Prezisioun. Den Här Weber fret och nach d'Wuert.

► **M. Robert Weber (CSV).** - Jo, Här Président, ech wollt dem Här Kartheiser eng Fro stellen. En huet u sech eng Kritik un d'Regierung gemaach, dass se esou liichtfankeg mat dem Bankgeheimnis géif ëmgoen.

Ech wollt froen, ob den Här Kartheiser a seng Partei dat Gesetz matgestëmmt hunn iwwert déi europäesch Direktiv, déi mer virun der grousser Vakanz transposéiert hei hunn iwwert d'Assistance mutuelle au recouvrement.

Souwäit wéi ech weess, hu se dat matgestëmmt. Ech géif also dann déi Kritik éischer viru menger eegener Dier maachen, wéi dass ech se virun deenen aneren hirer Dier géif setzen.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och fir déi Prezisioun. An elo kritt d'Wuert...

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Ass et eng Fro?

(Brouhaha)

► **M. le Président.** - Ech mengen, den Här Weber huet eng Fro gestallt, wou en och direkt eng Äntwert geliwwert huet,...

(Hilarité)

...soudass et elo direkt un der Madame Familjeminstesch ass.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Soll ech dem Här Weber äntwerten oder soll ech elo d'Madame Minister...

(Interruptions)

► **M. le Président.** - Elo kënnt hei d'Madame Kooperationsministesch,...

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Kann ech herno eppes...?

► **M. le Président.** - ...déi schwätzt elo zum Projet de loi. Madame Kooperationsministesch, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.** - Merci, Här Président. Ech géif selbstverständlech och wëllen dem Marc Angel e grouse Merci soe fir säin exakte Rapport, deen e gemaach huet an deen et ëmsou méi llicht mécht, fir elo net méi erëm müssen op all eenzelne Punkt hei anzegoen.

Ech denken, dat, wat wichtig ass, dat ass och, datt awer déi Relatiounen tëschent der Europäescher Gemeinschaft an de State mat Afrika, der Karibik an dem Pazifik och e ganz besonnesche Stellwäert hu mat der europäescher Entwécklungspolitik, déi jo och Aussepolitik ass.

Ech fannen, och wa mir vläicht méi Konditiounen stellen, wéi anerer der stellen, éischstens ass dat net ëmmer onwichtig, datt déi och gestallt ginn. An op där anerer Säit ass et esou eng laang Traditioun, déi besteet, datt et mir wierklech eng Häerzensugeleeënheet ass, och fir ze soen, et kann net sinn, datt, well anerer elo do sinn, mir eis net méi bräichten dorëm ze këmmen. Dat wier ongeféier dee gréisste Fehler, dee mer als Europäer kéinte maachen.

D'Prämiss vum Accord ass a bleift selbstverständlech och hei erëm, d'Aarmut ze bekämpfen, an dat ass och eist Zil, sougutt op europäeschem wéi op nationalem Niveau. An dofir och d'Gesetz, wat mer dëst Joer reforméiert hunn iwwert d'Entwécklungshëllef, wat och als Haaptzil de Kampf géint d'Aarmut an à terme selbstverständlech d'Eradicatioun vun der Aarmut soll mat sech bréngen.



D'Hauptpunkte vum Accord vu Cotonou sinn eng Kéier, fir d'Millenniumsentswécklungsziler besser ëmzesetzen, de Klimawandel ze bekämpfen, vun deem mer wëssen, datt seng Auswierkungen och virun allem ëmmer déi ärmst Leit als Éischt treffen.

Drëtte Punkt, déi regional Integratioun, vun där bal och jiddweree vun de Riedner geschwat huet, déi mir, an dat soen ech, mir sinn nëmmen esou wäit komm, well mer eng regional Integratioun haten als Land. Well soss hätte mer alles dat och net kënne kréien. An dofir gesitt Der, wann een dat mécht, dann huet dat seng positiv Auswierkungen, well och fir si ass et net ëmmer liicht, fir op hir national Prärogativen ze verzichten.

D'ACP-Länner bleiwen och fir eis wichteg, och mat der Union africaine. Dofir hu mer och an dësem Joer eng Ambassade résidente opgemaach zu Addis Abeba, justement fir bei der Union africaine ze sinn an do dee Partenariat besser kënne ze maachen.

Véierte wichtige Punkt ass selbstverständlech d'Sécherheet an d'Fragilitéitsfroen, an dozou zielt ouni Zweifel de Mali, wou ech awer herno drop kommen. Well dee konnt keng Entwécklung maachen, do wou keng Sécherheet ass. An dofir muss een dat also och fir d'Zukunft am A behalen. An dat geet nëmmen, wann Accorden do sinn an déi ekonomesch Entwécklung gefördert gëtt an domadder och d'APEn, déi vill diskutéiert an och kritiséiert ginn, datt een awer dozou nach ëmmer muss stoen.

Fënneftens, schlussendlech geet et dodrëm, eiser Entwécklungshëllef méi ee staarken Impakt ze ginn, an dat duerch Engagementer a puncto Effikassitéit vun der Entwécklungshëllef, der Aarbechtsopdeelung tëschent de Bailleuren an natierlech - an do muss ee jo soen, datt dat jo ville Leit hei am Haus un d'Häerz gewuess ass - och d'Kohärenz tëschent de Politiken an der Entwécklung.

Op europäeschem Plang hu mer, wéi an der Lëtzebuerger Entwécklungshëllef, eis verpflichtet, de Referenzkader permanent kritesch ze hannerfroen a gegebenenfalls och unzepassen. An dat gëllt natierlech virun allem och do, wou mer op internationalem an europäeschem Plang sinn, virun allem och bei der UNO, wou mer kënne matbestëmmen.

Et ass och hei gesot ginn, datt mer müssen iwwert..., de Xavier Bettel huet vun „post 2020“ geschwat, wou et eben drëm geet, déi Revisioun och vun de Millenniumsentswécklungsziler ze kucken a wou mer eréischt am Ufank vun den Diskussiounen sinn.

Ech sinn dervun iwwerzeegt, Här President, datt mer eis nach méi wéi eng Kéier wäerten och an der Kommissioun erëmgessinn, fir ze kucken, wéi dat sech virunentwéckelt. Ob et dann nach APDe gëtt oder ob et keng gëtt, dat gesi mer dann. Mir hunn awer virun allem och d'lescht Woch zu Doha gesinn, datt mer virun enormen Erausforderunge stinn, datt mer och nach zu engem Deel gesinn, wou mer Feeler gemaach hunn, an och nach gesinn, wou d'Problemer sinn, mä datt mer eis awer da ganz schwéierdinn, wann et drëm geet, fir eppes ëmzesetzen. An dofir, mengen ech, musse mer och do gemeinsam eis verstärkt dorëmmer këmmen.

D'Effikassitéit vun der Entwécklungshëllef, do hu mer am Summer op europäeschem Niveau de Referenzkader reviséiert an de Programme pour le changement ugehall. Wou et och drëm geet, fir - wou d'Europäesch Unioun sech verbessert huet - datt mer eis besser sollen ofschwätzen ënnereneen, och mat der Kommissioun. Datt et drëm geet, déi Secteuren erauszesechen, an deenen een aktiv ass.

D'Programmation vun der Hëllef, wou mer eis eens sinn, datt mer déi jo müssen an déi national Strategien - an do si mer total d'accord, fir ze soen, et kann net sinn, datt mir deenen anere virschreiw ginn, wat si ze maachen hunn, an dat maache mer als Lëtzebuerger net.

An dofir gesitt Der och all déi Leit ëmmer, wa se hei an déi Commission de partenariat kommen. An eent vun deene Pilotlänner, wat ausgewielt gouf vun der Europäescher Unioun, ass eben de Laos. An ech wor frou, mä awer guer net iwwerrascht, feststellen, datt dat Land, wat do iwwerhaupt keng Problemer hat, fir et ëmzesetzen, Lëtzebuerg ass, well mer eben op eise Programme indicatif de coopération datt ewell alles alignéiert op de Laos hunn.

D'Iddi, fir d'Programmation conjointe virunzeschreien, do wëlle mer och de Commissaire Piebalgs ënnerstëtzen. Ech wëll och betounen, datt mer an deene Länner, wou mer d'Büroen

hunn, iwwerall, mat Ausnahm vum Vietnam, gefrot sinn, fir Chef de file als Bailleur vun engem Secteur ze sinn, an domadder wëlle mer och d'Division du travail ëmsetzen.

Här President, iwwert de Fonds européen pour le développement, an de FED ass ugeschwat ginn. Och do muss ee wëssen, datt de FED do wor, ier d'ACP-Gruppe bestanen hunn. Dat ass also eppes, wat et zënter Laangem gëtt. En ass net bis elo am Budget dran. Et ass ëmmer eng grouss Diskussioun, och dat wor eng Fro vum Här Bettel gewiescht, fir ze froen: Wat geschitt do?

Et ass net virgesinn, datt et an dëser Period dee Bestanddeel vum europäesche Budget gëtt. Et gëtt awer do mat verhandelt. Ech wëll och drop opmierksam maachen, datt déi lescht Proposition vum President vum Conseil wor, fir 11% de Fong zréckzeschrauwen. An do wor de Lëtzebuergesche Premier ee vun deene wéinegen, déi iwwerhaupt do derzou intervenéiert hunn, well mer eis eise Responsabilitéiten, sougutt op nationalem wéi och op europäeschem Niveau, bewosst sinn, fir domadder dat och unzefroen, datt dat, wat mer op där enger Säit soen, och op där anerer Säit net aneschtens ka sinn.

Accords de partenariat économique. Also do och, mir wëssen, datt dat alles esou ass, wéi et ass, an datt net nëmmen... Och do si Feeler, déi gemaach goufen. Si goufen net nëmme vun enger Säit gemaach. Et sinn net nëmmen d'Europäer an och net nëmmen d'Afrikaner an déi aner, mä, ech mengen, do ass och géigesäitig e bëssleche gepokert ginn, fir ze kucken, wien am meeschte géif do gewannen.

Mä ech denken, datt et wichteg ass, datt mer wëssen, dat ass eng asymmetresch Affär, wou mir selbstverständlech... Si produziere manner, mä da musse mir awer kënne eis Mäert méi grouss opmaache fir si. An dann ass ëmmer d'Geschicht vun den 80% vun deene Secteuren, déi si musse kënne bestëmmen, a wou da selbstverständlech och d'Agrikultur derzou zielt.

Et gëtt och net nëmmen ee Modell, och dat gesi mer. Déi verschidde Länner sinn aneschtens opgestallt, an esou ass et och wichteg, datt et mat deene verschidden Ofkommense gëtt. An dat, mengen ech, ass eppes, wat mer och an deenen nächste Jore musse kënne halen. Déi Pays les moins avancés, déi kënne vun allem profitéieren, dat heescht, si hunn de fräien Accès zu dem europäesche Marché, ouni Contrepartie. An emmerhi falen awer nach 31 vun deenen 79 Länner dodrënner.

D'Entrée fiscale, dat ass och eppes, wou ëmmer erëm an den Tarifs douaniers driwwer geschwat gëtt. Do, mengen ech, musse mer dat och kënne ouni Wenn und Aber ugoen an och kucken, wa mer et hinne net erméiglechen, datt se sech selwer administrativ op d'Bee setzen an datt se selwer Steiermëttelen andreiwien, datt dat dann och net ka funktionéieren. Dofir sollte mer och keng Angscht do virdrun hunn.

Mir wëssen, datt et eng ganz Partie Leit gëtt, déi räich sinn an deene Länner. Mir wësse virun allem, datt awer och eng ganz Partie Firmaen do sinn, déi do d'Buedemschätz eraushuele ginn a ganz dacks entweder keng Steiere bezuelen oder awer och déi Lizenze fir vill ze vill ee bëlleger Tarif do kritt hunn. Dofir, mengen ech, sollte mer den Accord vu Cotonou an en parallèle och de FED, dee bis op d'mannst 2020 bestoe bleift, an duerno muss een da kucken, wat decidéiert gëtt. Mä am Vertrag vu Lissabon ass weder vum FED nach vun den ACPe Rieds. Datt muss also bis dohinne entweder nei verhandelt ginn oder awer mer musse kucken, wéi mer domadder virufueren.

Eng ganz Partie vun deene Saachen, déi de Mëtteg gesot goufen, besonnesch och vun dem Marcel Oberweis, iwwert d'Agrikultur, proppert Waasser, d'Education an d'Education iwwer Satellit, ech denken, datt ech ewell e puermol hei drop higewisen hunn, datt mer amgaang wieren, ze kucken zousätzlech Applikatiounen fir Emergency.lu ze fannen. An do kéint ee sech duerchaus virstellen, datt een och doriwwer kéint Satellitcapacitéite fräimaachen, fir eben och Schoul kënne ze halen an deene ländleche Géigenden, besonnesch och fir datt d'Meedercher d'Geleeënheet kréien, fir dranzegoen.

Ech muss dat awer soen, well et mer uewe läit, och ze gesinn, datt an deene Länner, wou mer mam Programme mondial vun der Ernährung hëllef mat bezuelen, do gesitt Der, datt d'Meedercher méi laang an d'Schoul kommen, dat heescht, hir Eltere schécke se bis 14, 15 Joer an d'Schoul, amplaz datt si se soss nawell doheem gehalen hunn. Si kréie méi spët Kanner, wat dann dozou féiert, datt dat natierlech fir si selwer, fir hir eege Gesondheet an och fir d'Gesondheet vun deem Puppelchen, deem op d'Welt kënnt, dat natierlech awer wichteg ass.

Iwwert d'Energie datselwecht, ech mengen, och Stroossen, alles dat brauch een. Wann ee sech wëllt entwéckelen, geet et net duer mat der Entwécklungshëllef, mä et muss ee vill aner Saachen derbäi hunn, déi mir och zu engem groussen Deel net kënne bréngen. An da sinn natierlech déi grouss Partner wéi China a wéi Indien a wéi Brasilien, déi dat maachen, a wou een dann och muss zouginn, datt dat eis vläicht natierlech net ëmmer esou gefält, besonnesch well se keng Konditionalitéite stellen, mä op där anerer Säit een awer och keng Argumenter huet, fir dat net ze maachen.

Wat den Här Braz ubelaangt, d'Agrikultur ass selbstverständlech ee vun deene gréisste Punkte jo vum Export, deen iwwerhaupt kéint a Fro kommen. A fir mech ass een anere Punkt och wichteg, dat ass ëmmer, datt een och hinne muss d'Méiglechkeete schafen, datt se kënne selwer verschaffen, datt se selwer kënne e Mehrwert schafen. Net nëmmen, datt déi aner dohinnekommen an déi huelen et ewech an déi ginn da bei sech heem.

Ech denken un d'Fischerei, ech denken un eng ganz Partie vun esou Saachen. D'Karité-Bounen, déi se hunn, déi ginn dann an Europa viruverschafft, an hei ginn dann d'Crëmen zu enorm deiere Präisser verkaaft, amplaz datt d'Leit selwer dohannen d'Méiglechkeet géife kréien, fir dat kënne selwer ze maachen. Datselwecht gëllt selbstverständlech och fir d'Intranten oder och fir deemno wéi e Saatgut se do zur Verfügung gestallt kréien, ass dat och net ëmmer nëmme just an hirem Interessi.

D'Migratioun ass selbstverständlech ee vun deene Punkten, déi ee jo zu alle Säite kann diskutéieren. Dir wësst, virun enger Zäit war dat op eemol esou ee Wonnermëttel, war dunn d'Migration circulaire. Ech perséinlech hunn eigentlech ni doru gegleef, well ech mengen net, datt d'Migration circulaire esou funktionéiert, datt mir kënne decidéieren, wie fir zwee Joer op Lëtzebuerg oder a Frankräich kënnt an dann erëm heemgeet.

Ech mengen, do geschéien aner Saachen an där Zwëschenzäit, déi net vun der politescher Warte aus ze maache sinn. Wann een do e Meedchen oder e Jong kenneléiert an et wëllt een dobleiwen, dann ass et net no zwee Joer gehalen, datt ee ka soen, elo decidéiere mir, dass du elo heemgees.

Et gëtt selbstverständlech och do Méiglechkeeten, datt een dat kann organiséieren. Mir hunn dofir och ëmmer plädéiert, och mat eise Länner, fir ze soen, et ass méi wichteg, datt mer Leit heihinner kréien, déi ewell an enger Situation sinn, déi sech hei kënne virufoméieren - ech denken zum Beispill un eng ganz Partie vun Dokterinnen, déi op Lëtzebuerg kommen, sougutt an de CHL wéi op de Kierchbiereg a wéi op Esch -, mä awer och zum Beispill un d'Banken. Mä wann déi Leit dann eng Erfahrung hunn a si hu meeschtens och ewell eng Famill, da gi se éischter heem. An domadder kënne se hirem Land besser déngen, wéi den ëmgekeierte Wee.

Dann hätt ech natierlech, och wann Der d'Fro net gestallt hätt, Här Braz, eppes gesot iwwert d'Situatioun am Mali, wou ech muss soen, also wann et ewell ëmmer kritesch a kriddelech war, da muss ech soen, datt een awer de Moment bal net méi weess, wat nach iwwerhaupt richtig ass a wat falsch ass, a wie wou a wat do ze soen huet a wat net, wou ee weess, wien am Norden eppes ze soen huet. An ech denken, de Minister aus dem Niger huet lech dat och an darselwechter, net laut der diplomatescher Aart a Weis beschriwwen.

Mä fir et ganz kloer ze soen: Am Norden, dat sinn Terroristen, well dat si seng Wierder, déi hie gebraucht. Dat ass net iergendeen aus dem Mali, mä dat sinn haaptsächlech Ausländer, déi do sinn.

An dann, op där anerer Säit, dee ganzen Duerjerneen zu Bamako, wou et fir eis schwéier nozevollzéien ass, datt sech do keng Leit fannen zu enger nationaler Regierung, déi matenee géife kucken, fir do aus deem Ganzen erauszekommen. An dann awer d'Bedauern och aus deem ganze regionalen Eck vun der CDAO, déi soen, no dem Rapport vum Ban Ki-moon kann et dach net sinn, datt mer elo nach eng Kéier müssen ee Joer waarden, ier eppes do geschitt.

Well ech mengen ëmmer nach, mir kënne eis dee gewaltigen Territoire iwwerhaupt net virstellen, wou alles dran trafiquéiert gëtt, ugefaange bei den Drogen. An déi Drogen, déi komme selbstverständlech an Europa, déi sinn net gemengt fir Afrika, dat ass jo ganz evident. Wou mat Waffe gehandelt gëtt, mat Mënsche gehandelt gëtt. Et gëtt näischt, wat do net gehandelt gëtt!

Dofir wier et och néideg a wichteg... An do, mengen ech, huet och de Minister Asselborn dësere Deeg nach, och op deene Réunioneen, wou e war, erklärt, datt Lëtzebuerg selbstverständlech do hannert den afrikanesche

Frënn steet, fir ze soen, et kann net nach laang Zäit do verluer goen. Well wat méi laang Zäit verluer geet, wat et ëmmer méi schlëmm do gëtt a wat et ëmmer och de Risiko... ech weess net, ob de Minister lech och gesot huet, wann et esou virugeet, wéi et elo amgaang ass, da soen ech lech, datt an zwee Joer och den Niger net méi an där Form besteet wéi en elo do ass.

Dat ass also eppes, wou mer eis musse bewosst sinn, datt, wa bis d'Feier dorëmmer ugeet, da weess ee just, wou et ugeet, mä datt een net weess, wou een et dann nach eng Kéier geläscht kritt.

(Interruption)

An dofir, mengen ech, musse mer wierklech alles maachen, fir se doranner ze ënnerstëtzen.

Mir hunn de Moment, wat d'Fro vun der Kooperatioun ubelaangt, haaptsächlech nach Projeten amgaang, déi mer och mat lokalen Organisatiounen hunn, mat lokale Gemengen, wann Der wëllt. Mir hunn och keng nei Projete méi ugefaangen. Mat wiem sollte mer nach eppes do maachen? Also, dat ass jo all drëtt Woch een aneren, deen erëm do ass an net méi do ass. A vun dohier, mengen ech, datt dat net esou séier geet, wou mer erëm do kënne als Kooperatioun aktiv ginn.

Dialog op Augenhöhe, doriwwer hate mer geschwat, an d'Medikamenter, wat de SIDA ubelaangt, och. Ënner anere déi Froen, denken ech, ass et och wichteg, fir ze soen, datt mer selbstverständlech net nëmmen iwwert déi bilateral, besonnesch och iwwert déi multilateral Kanäl wéi iwwert d'OMS, wéi iwwert den UNO-SIDA do hëllefen, déi Leit ënnerstëtzen.

Dat, wat och wichteg wier, dat ass, datt mir et géife fäerdegréien, mir oder anerer et géife fäerdegréien, fir och selwer Fabrëcken an Afrika opzerichten, déi Medikamenter géife produzéieren, amplaz datt se awer zum groussen Deel ofhängeg si vun Indien, an deem Fall haaptsächlech. A wann déi op eemol hir Patenter net méi erneieren, datt dann de Risiko natierlech besteet, datt dann déi Leit do déi Antirétroviraux net méi kréien, déi se eigentlech géife brauchen.

Voilà, Här President, ech géif och wëllen der Chamber Merci soe fir hir Ennerstëtzung vis-à-vis vun de Parlamenter an deene franséischsproochege Regiounen do an Afrika, well et wierklech eng Viraussetzung ass, wann een eng gutt Gouvernance wëllt hunn, da muss ee Leit hunn, déi och wëssen, wéi ee Land gefouert gëtt, wéi een eng Chamber féiert, wat wiem seng Aufgabe sinn. An dat ass sécher eng wäertvoll Ennerstëtzung, déi Der domadder och deene Länner zoukomme loosst.

Merci villmools.

► **M. le Président.** - Merci der Madame Kooperationsministesch. Domadder wäre mer um Enn vun der Diskussioun. Den Här Kartheiser wëllt nach onbedéngt eng Kéier d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Well ech eng Fro gestallt krut, Här President.

► **M. le Président.** - Jo, d'Fro war jo awer u sech beäntwert, Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Ma neen, neen. Wéisou dann?

► **M. le Président.** - Ech weess net, wat Der nach wëllt derbäifügen.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Ma, ech hunn nach guer net geäntwert, Här President.

► **M. le Président.** - Jo, dann äntwert wann ech gelift, awer ganz kuerz!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Dat maachen ech gär. Merci, Här President. Jo, den Här Weber hat mer nach eng Fro gestallt, souwäit ech weess, iwwert d'Bankgeheimnis an déi Recouvrementskonventioun, déi mer hei matgedroen hunn. Jo, d'ADR huet déi matgedroen. D'ADR wor ni fir dat absolut Bankgeheimnis. Mir sinn net fir e Bankgeheimnis, mat deem ee kann Delikter couvréieren.

► **Plusieurs voix.** - Aaaaaa!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - An ech mengen, datt keen heibannen dat ass.

Wat mir gären hätten, dat ass, datt deen éierleche Bierger geschützt gëtt. An ech wollt dann nach eng Kéier soen, well den Här Weber mech jo op d'Bankgeheimnis ugeschwat huet, wann ech soe vun der Schwächt vun der Regierung, dann heescht dat och, datt mir net wëllen, datt Lëtzebuerger Ministere Funktiounen ausüben, déi a Kontradiktioun si mat hirer Aufgab, fir national Interessen ze verrieden.

Do muss ee wëssen, wat de Choix ass. E Lëtzebuerger Minister ass un éischter Plaz do, fir Lëtzebuerger Interessen ze verrieden. A wann een zum Beispill gläichzäitig President vun engem Eurogroup ass a soll Lëtzebuerger Interesse verrieden,...



(Brouhaha)

► **M. le Président.**- Här Kartheiser, dat do ass awer net d’Fro vum Här Weber.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- ...dann ass do eng Kontradiktioun.

Ech soen Iech Merci, Här President.

► **M. le Président.**- Also, mir sinn um Enn vun der Diskussioun a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l’ensemble du projet de loi 6466 et dispense du second vote constitutionnel

D’Ofstëmmen fänkt un. Fir d’ëischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6466 ass ugehall mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Lucien Clement), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler (par Mme Marie-Josée Frank), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall’Agnol), Mme Claudia Dall’Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydia Polfer et M. Carlo Wagner (par M. Claude Meisch);

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Gëtt d’Chamber d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Dann hu mer als leschte Punkt vun eisem Ordre du jour nach eng Question élargie vum Här Eugène Berger iwwert d’Statutenännerung bei engem Prestataire aus dem konventionéierte socio-éducative Beräich. Den Auteur vun der Fro huet fénnef Minutten Zäit, fir seng Haaptfro an, no der Äntwert vum Minister, seng Zousazfro virzedroen. Der Regierung stinn zéng Minutten zou. Här Berger, Dir hutt d’Wuert.

3. Question élargie n°28 de M. Eugène Berger relative au changement de statuts auprès d’un prestataire de services du secteur socio-éducatif conventionné

► **M. Eugène Berger** (DP).- Merci, Här President. Och Merci der Madame Ministesch, datt se haut kann hei sinn an op déi Fro dann äntworten. Ech hat se scho viru méi laanger Zäit gestallt, mä dat huet sech eben esou mat den Agendaen net erginn. Ech mengen awer, déi Froe bleiwe weiderhin aktuell.

Awéifern sinn d’Träger am konventionéierte Secteur bei der Prestatioun vun hire Servicer zur Neutralitéit a reliésen a philosophesch-weltanschauléche Froe verpflichtet?

Dat ass eng Fro, déi ee sech ka stellen, nodeem den Daachverband vun engem vun deene gréisste Prestatairen aus dem konventionéierte

Secteur per Communiqué am Oktober matgedeelt huet, datt nieft sozialpolitesche Froen eng Besënnung op theologesch Wuerzelen an d’moralesch-ethesch Handeln am Mëttelpunkt vun hiren Aktivitéite solle stoen, an dat och an hir Statuten ageschriwwen hunn oder wëllen an hir Statuten aschreiwen.

Ech mengen, fir et och ganz kloer an däitlech soen: D’DP huet guer kee Problem domadder, datt karitativ kierchlech Organisatiounen am socio-éducative Secteur zu Lëtzebuerg täteg sinn. Au contraire. D’Mataarbechter vun diesen Associatiounen leeschten dagdeeglech eng ganz exzellent Aarbecht an iwwer Joren ass an dem Beräich och eng reell Expertise entstanen, sief et am socio-éducative Beräich, sief et bei der Kannerbetreuung, sief et am Gesondheetssektor an esou weider.

Mä d’DP hätt e Problem domadder, wa reliés Usiichte bei der Ausübung vun engem Beruff an dese sensibele Beräicher vun eiser Gesellschaft sollten eng Roll spillen. D’Experten um Terrain solle sech eiser Meenung no eenzeg an eleng hirem berufflechen Ethos verpflichtet fillen a sech dobäi un dem gesetzleche Kader an de Qualitätsstandarden orientéieren, déi de Stat virgëtt.

Duerfir wëllt ech also folgend Froen un d’Familljeministesch stellen. Ech stelle se och alleguerten, da brauch ech herno - à moins, jee nodeem wéi d’Äntwerten ausfalen - keng méi nozestellen.

Bon, éischstens schreift de Familljeministère systematesch an all Konventiounen dran, datt d’Träger bei der Prestatioun vun hire Servicer der reliésen Neutralitéit verpflichtet sinn.

Misst net eng vun de Voraussetzungen, fir eng Konventioun mam Stat kënnen anzegoen, déi sinn, datt d’A.s.b.l. sech selwer an hire Statuten esou eng Neutralitéit operleeën? Dierfen d’Träger opgrond vun theologieschen a reliésen Iwwerleeungen hire Mataarbechter oder och hiren - ech soen emol - Clientë gewëss Choixen imposéieren?

An dann déi lescht Fro: Huet d’Ministesch wëllen, déi Konventioun also mat deem Träger, deen ech hei ugeschwat hunn, eventuell ze änneren, oder ass dat scho geschitt, well do vläicht Problemer awer mat deem wieren, wat ech elo virdrun erwähnt hunn?

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Berger. D’Madame Familljeministesch huet d’Wuert.

► **Mme Marie-Josée Jacobs**, *Ministre de la Famille et de l’Intégration*.- Merci, Här President. Ech kann dem Här Berger soen, datt mer eigentlech op verschiddenen Niveauen déi dote Fro geléist hunn. Mir hunn éischstens am ASFT-Gesetz selwer drastoen am Artikel 2: «Les requérants d’un agrément doivent garantir que les activités agréées soient accessibles aux usagers indépendamment de toutes considérations d’ordre idéologique, philosophique ou religieux et que l’usager de services ait droit à la protection de sa vie privée et au respect de ses convictions religieuses et philosophiques.»

A mir hunn dann nach eng Kéier, sougutt an deene jeeweilege Konventiounen, wat Der richteg hei ervirgestrach hutt, Här Berger, wéi och an deene verschiddene Reglementer, wat d’Personnes âgées, wat d’Personnes handicapées, d’Kanner ubelaangt, d’Internats socio-familiaux oder och den Departement vun der Solidaritéit nach eng Kéier jeeweils drastoen, datt dat muss geschéien.

Do derbäi kënnt, déi, wou Dir elo driwwer schwätzt, dat ass d’Fondatioun Caritas. Dat ass de Sammelbegrëff, wou all 17 - sinn et der 17? - verschidden Organisatiounen dra regroupéiert sinn. Och si selwer hunn an hirem Artikel 2 drastoen: «Elle se doit de s’engager pour le bien-être des hommes et des femmes, quels que

Sommaire des séances publiques n°s 10, 11, 12, 13 et 14

6387 - Projet de loi portant réforme de l’assurance pension et modifiant:	
1. le Code de la Sécurité sociale;	
2. la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l’État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des Chemins de fer luxembourgeois;	
3. la loi modifiée du 26 mai 1954 réglant les pensions des fonctionnaires de l’État;	
4. la loi modifiée du 7 août 1912 concernant la création d’une caisse de prévoyance pour les fonctionnaires et employés des communes et établissements publics;	
5. le Code du Travail	p. 111-122
Déclaration de M. Luc Frieden, Ministre des Finances, relative aux décisions de la Zone Euro sur la Grèce (suivie d’un débat)	p. 123-128
6440 - Projet de loi portant règlement du compte général de l’exercice 2011	p. 128-129
6491 - Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l’exercice 2011	p. 129
Résolution concernant les comptes de l’exercice 2011 de la Cour des Comptes	p. 129
Composition de la Commission d’enquête sur le Service de Renseignement de l’État (SREL)	p. 130
Communications	p. 130
Ordre du jour	p. 130
6500 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2013	
- Rapport de la Commission des Finances et du Budget	p. 130-133
Ordre du jour (suite)	p. 134
6497 - Projet de loi portant modification	
- de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l’impôt sur le revenu;	
- de la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l’impôt sur la fortune;	
- de la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 («Abgabenordnung»);	
- de la loi modifiée du 30 juin 1976 portant 1. création d’un fonds pour l’emploi; 2. réglementation de l’octroi des indemnités de chômage complet;	
- de la loi modifiée du 22 décembre 2006 promouvant le maintien dans l’emploi et définissant des mesures spéciales en matière de sécurité sociale et de politique de l’environnement;	
- de la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée;	
- de la loi modifiée du 30 juillet 2002 déterminant différentes mesures fiscales destinées à encourager la mise sur le marché et l’acquisition de terrains à bâtir et d’immeubles d’habitation	p. 134-136
6500 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2013	
- Exposé: M. Luc Frieden, Ministre des Finances	p. 136-138
6021 - Projet de loi concernant le surendettement et portant modification	
1. de l’article 2016 du Code civil;	
2. de l’article 536 du Code de commerce	
et portant abrogation	
1. de la loi modifiée du 8 décembre 2000 sur le surendettement;	
2. de l’article 41 de la loi du 21 décembre 2001 concernant le budget des recettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2002;	
3. de l’article 4.6° du Nouveau Code de procédure civile	p. 138-144
6466 - Projet de loi portant approbation	
- de l’Accord modifiant, pour la deuxième fois, l’Accord de partenariat entre les membres du Groupe des États d’Afrique, des Caraïbes et du Pacifique, d’une part, et la Communauté européenne et ses États membres, d’autre part, signé à Cotonou le 23 juin 2000 et modifié une première fois à Luxembourg le 25 juin 2005	
- de l’Acte final	
ouverts à la signature à Ouagadougou le 22 juin 2010 et à Bruxelles du 1 ^{er} juillet au 31 octobre 2010	p. 144-149
Question élargie n°28 de M. Eugène Berger relative au changement de statuts auprès d’un prestataire de services du secteur socio-éducatif conventionné	p. 149

soient leur origine, âge, nationalité ou leurs opinions philosophiques et religieuses.»

Domat denken ech, datt dat ofgeséichert ass. Wéi gesot, mir hunn och mat der Fondatioun Caritas keng Konventioun. Mir hu Konventiounen mat deenen eenzelnen Ennergruppen. An do ass dann ëmmer erëm jeeweileg een aneren Träger, deen do ass. Ech soen ëmmer nëmmen deen éischten, deen ech hei an der Rei stoen hunn.

Bei Famille, enfance et jeunesse ass et zum Beispill d’Anne A.s.b.l., déi dann eng ganz Partie vu sougutt Maison-relais wéi awer och Jugendhaiser oder esou féiert. Dir hutt fir d’Personnes en situation de handicap d’Yolande A.s.b.l. mat dem Institut zu Betzder. D’Personnes âgées: Claire A.s.b.l., déi da Centres intégrés do hunn. An zum Schluss och Solidaritéit, wat Caritas Accueil et Solidarité ass, déi also mat eis Konventiounen och hunn, wéi zum Beispill mat dem Foyer Ulysse, a wou mir also elo an deem Moment net gesinn, datt eng Noutwendegkeet géif bestoen, fir eppes ze änneren, well mer net mat där Fondatioun eng Konventioun hunn, mä nëmme mat deenen eenzelnen Organisatiounen, déi eng Kéier sech

musse selbstverständlech un d’Gesetzer halen an déi op där anerer Säit och selwer an hiren eegene Statuten dat als Obligatioun drastoen hunn, soudatt ech denken, datt mer doranner séchergestallt hunn, datt weder e Mënsch kann zu eppes forcéiert ginn nach op där anerer Säit een net an esou een Haus kéint erakommen, well en eben anerer Meenung oder anerer Iwwerzeegung wier.

Merci, Här President.

► **M. le Président.**- Merci der Madame Familljeministesch. Den Här Berger wëllt keng Zousazfro méi stellen, soudatt déi Fro dann och domadder definitiv beäntwert wär.

Da si mer och gläichzäiteg um Enn vun eiser Sitzung ukomm. D’Chamber kënnt muer um néng Auer nees zesummen.

D’Sitzung ass opgehewen.

(Fin de la séance publique à 16.50 heures)

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg